




De Freiburg Guide

Wéi (iwwer)liewen ech als
Student*in?

VIRWUERT



Léif zukünfteg Studentin, léiwen zukünftege Student,

du bass grad op der Sich no dengem Studium an denger Studentestad a brauchs do eng kleng Hëllefstellung? Dann ass dës Brochure genau fir dech gemaach. Hei fënns du Tipps an Tricks vun (ex) Freiburger Student*innen déi dir Hëllef sollen, däi Choix ze erliichteren. Sief et Erfahrungsberichter iwwer déi verschiddenst Studiegäng oder praktesch Tipps fir den Ufank an enger neier Stad fënns du hei alles. Freiburg huet net nëmme säin Numm als sonnigste Stad an Däitschland absolut verdéngt, mee ass och duerch seng Lag am wonnerschéine Schwarzwald a mat senger pittoresker Innenstadt en absolute Bijou. Och d'Universitéit ass allgëmgewäerteg an d'Studenteliewe spillt sech an der ganzer Stad of. Duerch déi vill Studenten ass et eng ganz jonk an oppe Stad a jiddwereen deen nei heihinner kënnt huet d'Chance, selwer säi Wee ze fannen. Net nëmme d'Studenteliewen ass wichteg, mee och d'Fräizäit, wou een zu Freiburg d'Méiglechkeet huet, al Hobbye weiderzeféieren, awer och neier ze entdecken, an dat op enger Plaz, wou aner Leit Vakanz maachen. Wann een net onbedéngt de Grousstad-Mënsch ass oder nach ni eleng an engem anere Land gelieft huet, ass Freiburg perfekt, well et kleng ass an awer alles huet wat eng Stad sou brauch, et ass souzesoen eng Stad fir Ufänger. Mir hoffen dech an deenen nächste Joren hei begréissen ze kënnen an dech an eis flott SLUF-Community ophuelen ze kënnen.

Gäre kanns du eis oder engem Comitésmember perséinlech ëmmer Froe stellen, egal op per Facebook, Instagram oder E-Mail. Mir probéieren dir sou séier wéi méiglech weiderzehlëfen.

Ech wënschen dir vill Gléck bei dengem Examen an och bei der Bewerbung! Vläch begéint ee sech jo eng Kéier op engem Stammdësch oder soss iergendwou zu Freiburg.

Mat sonnege Gréiss aus dem schéine Schwarzwald,

Fiona Jacoby, Presidentin vum SLUF



INHALT

01	Virstellung vum SLUF	4 - 5
02	Präsentatioun vum Comité	6 - 11
03	Biografie vum SLUF-Elch	12 - 13
04	Places to see	14 - 21
05	Studéieren zu Freiburg	22 - 26
06	Wunnen zu Freiburg	27 - 30
07	Interviews mat de Memberen	31 - 55
08	FAQ	56 - 61
09	Insidertipps	62 - 66
10.	D'Liewen zu Freiburg	67 - 73
a.	10 things to do	65 - 69
b.	Fussball - SC Freiburg	70 - 71
c.	Kultur	71 - 75
11	Wichtig Adressen	76
12	Badisch für Anfänger	77 - 79





Bildquelle: LAURE GEISEN

NATALURA

Sch...
zum
12



1

VIRSTELLUNG VUM SLUF

De SLUF (Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg) ass ee vu méi wéi 40 Studentecerclen déi zur ACEL (Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois) gehéieren a vertritt d'lëtzebuergesch Student*innen, déi zu Freiburg op der Uni oder enger Héichschoul ageschriwwen sinn. Momentan zielt de SLUF zirka 70 Memberen. De Cercle, deen am Joer 1987 gegrënnt ginn ass, huet am Joer 2022 säi 35. Geburtsdag gefeiert. D'Zil vum SLUF ass et duerch geleeëntlech Treffen an Aktivitéiten déi lëtzebuergesch Student*innen zesummen ze bréngen, gemeinsam e puer gemittelt Stonnen ze verbréngen an nei Frëndschaften ze schléissen. Trotz dem ganze Gefeiern geet et bei engem Cercle haaptsächlech drëms, den neie Studenten d'Liewen op der Uni an an der neier Stad méi einfach ze maachen.

Och de SLUF huet sech dëst zur Aufgab gemaach, an dat mat Hëllef vu reegelméissegem Erfahrungsaustausch mat méi eelere Student*innen. Egal ob Wunnengssich oder den eegene Studium, gäre stinn de SLUF a seng Memberen zur Verfügung fir allerlee Froen ze beäntweren.

Éischt Tipps an Tricks fënnt ee schonn op eiser Homepage (www.sluf.lu), an an eiser Facebookgrupp (SLUF – Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg) ka jidderee seng Froen fräi stellen. Och huet de SLUF eng separat Facebookgrupp fir Matfuergesellschaft vum an op Freiburg (Lëtzebuerg <> Freiburg im Breisgau) an och eng WhatsApp-Community, déi d'Facebookgruppe lues a lues ersetz wäert.



Zu eise villen Aktivitéiten zielen ënner anerem ee Weekend um Feldberg, d'Ersttee an d'Erstidaf, ee Pubquiz, ee Bowlingowend, eng Cafésrallye an d'Participatioun um Tournoi de Noël an um Studentebal, déi vun der ACEL organiséiert ginn. Dës weideren ass de SLUF och op diversen Intercerceln ëmmer gutt duerch seng Membere vertrueden. An der Virlesungszäit treffe mir eis zousätzlech reegelméisseg an eisem Stammcafé, dem Cheers, fir de wéchentleche Stammdësch. D'Iddi derhannert ass, sech kënnen ee mol d'Woch mat anere Student*innen aus sengem Heemechtsland auszetauschen a sech ee gemittlechen Owend bei engem Béier oder enger Cola ze maachen.

Zousätzlech engagéiere mir eis och an der Studenteberoodung. Ee mol d'Joer si mir fir Deuxièmes- a Premières-Schüler*innen op der Foire de l'Etudiant zu Lëtzebuerg um Belval, fir hinnen d'Stad, d'Unien an d'Studenteliewe vu Freiburg méi no ze bréngen an hinnen Informatiounen iwwert hire potentielle Studium ze liwweren. Ausserdeem vertriede mir net nëmmen d'Albert-Ludwigs-Universität, mä och déi aner Héichschoule vu Freiburg an informéieren iwwert d'Offer vun den ënnerschiddleche Studiegäng déi een op de jeeeweige Schoule wile kann.

Nieft eise ville Memberen hu mir och nach ee Maskottchen, den Elchi. Hie vertritt de SLUF op de Soziale Medien a passt och ëmmer op all Event gutt op seng Memberen op. Wann s du méi vum Elchi wëlls matkréien, da follow him op Instagram (@slufelch). Hie wäert sech mat Sécherheet iwwert d'Ufro freeën. Dës Weidere wäert s du nach méi iwwert den Elchi hei an der Broschür kënne liesen. Och zu den Eventer, dem Cheers an de SLUF-Membere fënns du nach vill méi hei op deenen nächste Säiten eraus.

Vill Spaass beim weiderliesen a bis geschwënn um Stammdësch am Cheers!

PRÄSENTATION VUM COMITÉ



FIONA JACOBY
PRESIDENTIN

Studéiert Biologie am Master

Funfact: *Ech hunn a Nicaragua
Schildkröteneeër ausgebuddelt.*



JONNA KRIER
VIZE-PRESIDENTIN

Studéiert Psychologie am Master

Funfact: *Ech hu mer selwer erausgesicht,
en Ginger ze sinn.*



ANNA SCHROEDER
SEKRETÄRIN

Studéiert Geschichte am Bachelor

Funfact: *Ech hunn eng Duolingo-Streak
vun iwwer 1200.*





FABIEN KOHNEN
TRESORIER

Studéiert Chimie am Master

Funfact: *Um Vëlo gëllt: "Carbon statt Kondition!"*



TIM SIEGLE
SPORTMINISTER

Studéiert Forstwirtschaft am Master

Funfact: *Ech hunn Angscht viru Schildkröten an Eidechsen.*



JIM KASEL
SPONSORING

Studéiert Waldwissenschaften am Bachelor

Funfact: *Kucken ze vill Tiktok.*

DAMIAN CIESLIK

MERCHANDISE

Studiert Chimie am
Master

Funfact: *Ech spuere moies
vill Zäit, well ech meng Hoer
net méi muss maachen.*



LINA WATGEN
EVENTMANAGERIN

Studiert Bildungswissenschaften
am Master

Funfact: *Ech wollt als Kand ëmmer
Clown ginn.*



EVE BERNARDO

SOCIAL MEDIA MANAGERIN

Studiert Medienkultur-
wissenschaften am Bachelor

Funfact: *Ech hu mer ee Studium an
de Sozialwëssenschaften
erausgesicht, obwuel ech keng
sozial Kompetenzen hunn:)*





MICHEL KEIFFER

WEBMASTER

Studéiert Chimie am Bachelor

Funfact: *Ech hunn nach ëmmer keng Anung
wéi de Site sluf.lu funktionéiert.*



CLAIRE MEHLEN

COOPTÉE

Studéiert Biologie am Master

Funfact: *Ech hunn eng liicht Obsessioun
mat Wäschbieren a Serien aus den 2000'er.*

JOANNE RODESCH
COOPTÉE

Studéiert Europalehramt Primarstufe am
Bachelor

Funfact: *Ech lafe souguer bei Ree mat
Adiletten op den Training.*



CONNY SIMON
COOPTÉE

Studéiert Europalehramt Primarstufe am
Bachelor

Funfact: *Meng Iddi vu "fréi opstoen" ass
10 Minutte viru Mëtteg.*





BIOGRAFIE VUM SLUF ELCH

3

Viru laanger, laanger Zäit ass e jonke Ritter vun der Buerg Falkenstein mat sengem Kolleeg, engem opstriedende Geléierten, op d'Juegd gaangen. Wéi hien esou duerch d'Bëscher vum Schwarzwald gesträift ass, huet hien e risegen Hirsch erbléckt. ● ● ●

● ● ● Esou en imposant Déier war dem Ritter bis ewell nach net ënnert d'Ae komm. Direkt huet hien d'Juegd opgehol. Den Hirsch awer war erstaunlech schnell. De Ritter, dee sech op kee Fall dat stattlecht Déier duerch d'Lappe wollt goe loossen, huet dem Hirsch trotzdeem weider nogesat. Dëse, gedriwwen vun der Angscht, ass blann duerch de Bësch gerannt, ouni wierklech opzepassen, wou en hileeft. Op emol gesäit hie, wéi sech virun him eng Schlucht opdeet. An dem Wëssen, datt et esou oder esou géing stierwen, huet d'Déier säi ganze Courage zesummegehol, zum Sprong ugesat a mat engem gewaltege Saz d'Schlucht iwwerwonnen. De jonke Ritter ass aus dem Staunen net méi erauskomm. Nach ni hat hien an all senge Joren esou eppes gesinn. Ab dësem Dag ass dës Schlucht dofir den „Hirschsprung“ genannt ginn.

De jonke Geléierten awer, deen de Ritter déi ganzen Zäit op senger Aventure begleet huet, huet relativ schnell erkannt, datt et sech beim Déier net ëm en Hirsch, mee ëm en Elch géif handeln. Am Wëssen, dass säi Kolleeg zwar e gudde Jeeër, mee kee gudden Zoolog war a scho guer net gäre beléiert wollt ginn, huet en hie weider am Glawe gelooss, dass hien tatsächlech en Hirsch gesinn hätt. Dem Elch huet de Geléierten awer säi Respekt erweisen, andeems hien d'Déier an de Wope vu sengem nei gegrënnte Veräin – dem RLUF (Ritter aus Luxemburgesium op der Uni Freiburg) – opgehol huet. Mat de Joren ass aus dem RLUF de SLUF ginn, mee den Elch ass weiderhin d'Maskottche bliwwen: als Erënnerung un de groussen Elchsprung.

PLACES TO SEE

10 Saachen, déi een als
frëschgebake*ne Freiburger*in
onbedéngt muss gesinn.

D'Schwarzwaldmetropol Freiburg huet mat eng vun deenen eelsten Unien aus ganz Däitschland a mat senge verschiddenen Héichschoulen net nëmmen eng flott Studentestad, mee och ee kulturellt Highlight am Hochschwarzwald. Dobäi ass d'Lag vu Freiburg souwuel fir Naturfrënn ewéi och fir Sportler interessant. D'Stad selwer huet awer och eng Rëtsch Attraktiounen a Sehenswürdegkeeten ze bidden. Nieft de Bächle, déi duerch déi ganz Stroossen a Gaasse vun der Alstad lafen, huet Freiburg och nach aner Wahrzeechen, déi een als gudd*e Freiburger Student*in onbedéngt muss kennen an och gesi soll hunn! Fir dass och du als nei*e Student*in aus der Stad am Schwarzwald net als Kulturbanaus ervirgoe muss, hu mir dir hei eng Lëscht mat deenen 10 wichtigste Saachen, déi een als Freiburger*in onbedéngt gesi muss hunn, zesummegeallt.



• MÜNSTERPLATZ MAM FREIBURGER MÜNSTER

De Münsterplatz an der Alstad ass déi gréisste Plaz a ganz Freiburg. Si ass komplett mat Pawee beluecht, a wéi den Numm et scho seet, steet och hei de Freiburger Münster, deen am Ufank vum 13. Joerhonnert gebaut ginn ass. Dëst ass eng Kierch am romaneschen a gotesche Stil, där hiren Tuerm d'Stadbild vu Freiburg immens prägt. Deementspriedend gehéiert de Freiburger Münster och zu deene wichtigste Wahrzeeche vu Freiburg. Et lount sech jiddefalls eemol bis an de Münster era luussen ze goen. Ween dann och gär eng flott Vue iwwert de Münsterplatz huet, kann déi 333 Träppen am Kierchturm eropgoen. Ronderëm d'Kierch um Münsterplatz lafen déi bekannte Freiburger Bächle.

Mee och aner wichteg historesch Gebaier, wéi zum Beispill d'Haus zum Ritter, d'Historisches Kaufhaus an d'Alte Wache, kann een op dëser Plaz betruechten. Net ze vergiessen, loossen sech och eng Rei flott Restaurants, Caféen an Hoteller um Münsterplatz fannen. Wee genéisst net scho gär säi Kaffi op enger Terrass mat Vue op de wonnerschéine Freiburger Münster? Looss dir dat jiddefalls net entgoen!



Bildquelle: LIS GEISEN

• DE SCHLOSSBERG MAM KANONENPLATZ A MAM SCHLOSSBERGTURM

De Schlossberg ass e 456,1 Meter héije Bierg ëstlech vun der Freiburger Alstad. Hei kann een zu Fouss erop goen oder mat der Schlossbergbahn erop fueren a vun do aus dann entweder ee flotten Tour trëppele goen oder einfach d'Vue op dat schéint Freiburg genéissen. Virun allem um Kanonenplatz, wou ee ganz séier vun der Stad aus do uewen ass, huet een eng schéi Siicht iwwert d' Studentestad. Den Highlight ass awer natierlech de berühmte Schlossbergturm. Ganzer 35 Meter héich ass den Aussichtsturm, vun deem een en onbezuelbare Panoramabléck iwwer ganz Freiburg a seng gréng Däller a Wäibierger huet. Mee opgepasst, do uewen um Tuerm kéint et, virun allem bei méi schlechtem Wieder, mol eng Kéier e bësse wackeleg ginn. Trau dech awer erop, well et ass et derwäert!



Bildquelle: LAURE GEISEN

• D'SCHWABENTOR

D'Schwabentor huet zu der mëttelalterlecher Stadmauer vu Freiburg gehéiert an ass dat jéngst vun deenen zwee Portaler déi iwwereg bliwwen sinn. Heibannen ass och ee ganz klengen Musée iwwert Zinnfiguren ze fannen, an deem et sech sécherlech och eemol lount eranzeluussen.

• D'MARTINSTOR

D'Martinstor ass dee groussen a méi ale Brudder vum Schwabentor. Am Mëttelalter Deel vun der Festungsmauer, haut een Hikucker an der Kaiser-Joseph-Straße.



Bildquelle: LAURE GEISEN

• DEN AUGUSTINERPLATZ MAT SENGEM AUGUSTINERMUSEUM

Den Augustinerplatz ass eng grouss Plaz am Zentrum vun der Stad, ronderëm deen sech eng Rëtsch Caféen a Restaurante fanne loosse. Typesch Freiburg: Alles ass mat Pawee ausgeluecht an d'Bächle leeft natierlech ronderëm déi bekannte Plaz, wou sech virun allem am Summer och gären déi méi Jonk op e Patt treffen. Hei kann ee sech ganz einfach op de Pawee oder op d'spuenesch Trap op der Plaz setzen. Grad well den Augustinerplatz esou ee beléiften Treffpunkt ass, fënnt sech hei och déi bekannt Säule der Toleranz, déi sech Owes vu gréng op rout verfiert an d'Leit dorop opmierksam mécht, net ze vill Kaméidi ze maachen a Récksiicht op d'Bewunner ronderëm den Augustinerplatz ze huelen. Um Augustinerplatz ass dann och den Augustinermuseum ze fannen, wou nieft der normaler Ausstellung och reegelméisseg aner Expositionne stattfannen. Als gudder Freiburger Akademiker solls de dech roueg net virdu scheien, de Musée eemol besichlegen ze goen.



• DE PLATZ DER ALTEN SYNAGOGGE

De Platz der alten Synagoge, wou sech ënner anerem d'Kollengengebäude II (KG II) vun der Uni befënnt, ass déi zweetgréisste Plaz a ganz Freiburg. Och dës Plaz ass, änlech wéi den Augustinerplatz, eng beléift Plaz, fir sech u Summerowenter mat Kolleegen op eng Fläsch Béier ze treffen oder einfach Mëttes am Fréijoer d'Sonn ze genéissen.

Op der Plaz selwer sinn och eng Rei Fontainen an e Buer an der Form vun der fréierer Synagog ze fannen. Grad well de Platz der alten Synagoge sou no un der Uni an der Unibibliothék läit, ass et déi perfekte Plaz fir eemol eng Kaffispaus un der frëscher Loft ze maachen.

Lee also d'Bicher op d'Säit, sich der ee leckere Kaffi am Café Libresso, setz dech op de Platz der alten Synagoge a looss den Tumult vun der Stad virun der passéieren.

• D'WIWILÍBRÜCKE

D'Wiwilbücke, och nach Blaue Brücke genannt, ass ee wichtegt Wahrzeeche vu Freiburg a steet souguer ënner Denkmalschutz. Duerfte virun enger Partie Joren och nach Autoen driwwer fueren, sou sinn op der Bréck, déi iwwert der Bismarckallee an dem Hauptbahnhof steet, haut just nach Vëlofuerer a Foussgänger erlaabt. Net seele fënnt ee Leit, déi sech op déi ronn Béi vun der Bréck setzen an einfach d'Vue iwwert Freiburg genéissen. Virun allem bei guddem Wieder ass d'Bréck voll mat Studenten. Net jiddereen traut sech op d'Bréck ze klammen, mee eleng den Ubléck, wéi d'Leit et sech do gemitterlech maachen, ass eppes, wat ee soss net iwwerall gesäit.

• D'DREISAM

D'Dreisam, een 29,7 km laange Floss, deem duerch Freiburg leeft an och duerch déi bekannte Bächle duerch d'Alstad vu Freiburg fléisst, ass definitiv ee vun deene wichtigste Wahrzeeche vu Freiburg. Du kanns mam Vëlo iwwert d'Vëlospiste laanscht d'Dreisam fueren oder einfach just laanscht spadséieren an déi frësch Freiburger Loft genéissen. Am Summer fënnt ee laanscht d'Ufer vun der Dreisam ëmmer erëm eng Rëtsch Leit, déi et sech do gemitterlech maachen a vun der Sonn profitéieren. Du hues plazeweis souguer d'Méiglechkeet, dech an d'Dreisam ze setzen a bëssen dran ze planschen. Déi perfekt Ofkillung am Héichsummer! Ee weideren Highlight bei der Dreisam ass d'Dreisam-Schaukel um Mariensteg. Dës aussergewöhnlech Schaukel hänkt tëschent der Schwabentorbrücke an der Kaiserbrücke. Ween dës Schaukel opgehaangen huet, ass net bekannt. Si war op eemol einfach do! An och wann et bëssen e Gedeessesems ass fir op d'Schaukel ze kommen, ass et dach eng flott Geleeënheet ganz no iwwert den Dreisam-Floss ze gleeden.

• DE ROSSKOPF MAM ROSSKOPFTURM

E gutt Stéck méi héich wéi de Schlossberg an och ë bësse méi ausserhalb vu Freiburg befënnt sech ee 737 Meter héije Bierg – de Roskopf. Hei kann ee flott Wanderungen duerch de Bësch maachen, bis een uewe beim Roskopfturm ukomm ass. Perfekt fir all d'Naturfrënn an déi Wanderbegeeschtert. 1889 gebaut a 34 Meter héich ass de berühmte Roskopfturm. Klamm och du déi 137 Trapen erop a bléck vun do aus op ganz Freiburg. Panorama puer!

Natierlech huet dat sonnegt Freiburg nach vill méi ze bidden, wéi nëmmen déi 10 Plazen, déi elo hei opgezielt goufen. Wann s du dech also decidéiers op Freiburg studéieren ze kommen, gött et och fir dech nach vill méi ze entdecken. Langweileg gött et der sécherlech net!



STUDÉIEREN ZU FREIBURG

ALBERT-LUDWIGS-UNIVERSITÉT



D'Haaptuni vu Freiburg gouf den 21. September 1457 gegrënnt an ass domadder eng vun deenen eelsten an Däitschland. Duerch hir laang Traditioun huet d'Universitéit national sou wéi international eng héich akademesch Reputatioun. Op der Uni gi Fächer aus alle Fachberäicher ugebueden, dofir gëllt se als Volluniversitéit. Ausserdeem sinn all déi 11 Fakultéite vertrueden, nämlech:

- Biologie
- Chimie a Pharmazie
- Mathematik a Physik
- Medezin
- Philologesch Fächer
- Philosophesch Fächer
- Rechtswëssenschaften
- Technesch Fächer
- Theologie
- Ëmwelt a natierlech Ressourcen
- Wirtschaft a Verhalenswëssenschaften





• ASCHREIWUNG

ZULASSUNGSBESCHRÄNKTE FÄCHER

Fir déi zulassungsbeschränkte Fächer muss den Antrag auf Zulassung tëscht dem 1. Juni a spëttestens dem 15. Juli dobanne sinn. Dëst kann awer no Fach changéieren, dofir muss du onbedéngt d'Bestëmmunge fir däi Fach um Site vun der Uni nokucken. Och d'Bewerbung ass fir verschidde Fächer mëttlerweil online.

Internetsite: <https://www.studium.uni-freiburg.de/de/studienangebot/studienfaecher>

D'Uni selwer huet och eng Check-Liste zesummegehalt fir dass een och näischt vergësst, wann en sech op der Uni bewerbe wëll.

Internetsite: <https://www.studium.uni-freiburg.de/de/bewerbung/international/vollzeitstudium-folder>

Fir Humanmedezin an Zännmedezin muss du dech iwwert hochschulstart.de umellen. Fir méi Detailer zum Medezinstudium ze kréien, mell dech am beschte bei der ALEM (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine).

ZULASSUNGSFREIE FÄCHER

Fir d'zulassungsfräi Fächer kann ee sech am Zäitraum vum 01. Juni bis zum 02. Oktober bewerben. Hei muss du awer oppassen, dass d'Bedingunge fir dech ze bewerben nach bis zum Ufank vun der Bewerbungsfrist kënnen änneren. Dofir och hei onbedéngt bei de fachspezifesch Bestëmmungen um Site vun der Uni nokucken!

• IMMATRIKULATION

Du hues dech dofir entscheet op Freiburg studéieren ze kommen, deng Demande gouf ugehall. Lo steet nëmmen nach d'Immatrikulation op der To-Do-Lëscht! D'Immatrikulation fir International Studenten fënnt am **Service Center Studium** an der **Sedanstraße 6** statt. D'Fristen fënns du hei:

<https://www.studium.uni-freiburg.de/studierendenservices/immatrikulation/immatrikulation>



D'Öffnungszeiten sinn déi folgend:

Méindes, dënschdes, donneschdes:	10.00 - 12.00 Auer
sou wéi donneschdes:	14.00 - 16.00 Auer.

Kontakt: international@service.uni-freiburg.de

Wat muss du mathuelen:

- ☐ Zulassungsbescheid
- ☐ Ofschlossdiplom am Original oder als offiziell Kopie
- ☐ Nachweis der deutschen, gesetzlichen Krankenversicherung (dës kanns du bei d'AOK siche goen, déi ass direkt niewent dem Service Center Studium *)
- ☐ Beleeg, dass de d'Gebühren bezuelt hues
- ☐ Eng Exmatrikulationsbescheinigung, falls du schonn eng Kéier an Däitschland studéiert hues
- ☐ Antrag auf Immatrikulation (ka schon am Viraus ausgefüllt ginn)
- ☐ Noweis, dass du d'Studienorientierungsverfahren gemaach hues
- ☐ Als Net-EU-Bürger*in: Däi Pass mat gültigem Visum

*Befreiung vun der Krankeversécherung: D'Uni Freiburg freet eng Umeldung bei enger däitscher Krankekeess. Déi brauchst du als Lëtzeburger awer net, well s du eng europäesch Krankekeesskaart hues an dofir europawäit verséichert bass. Du muss dir nëmme vun enger däitscher Krankekeess bescheinege loosse, dass du zu Lëtzebuerg verséichert bass. Dofir kanns du einfach mat denger Krankekeesskaart bei d'AOK goen.

Studiengebühren: 190€ pro Semester. (Dat kann awer all Semester bëssen änneren.)

PÄDAGOGISCHE HOCHSCHULE FREIBURG

Wéi de Numm vun der Schoul scho seet, kann een op der PH pedagogesch Fächer studéieren. Et kann een tëscht ville verschiddene Bachelor- Master- a Lehramts-Studiegäng wälen.

BACHELOR-STUDIEGÄNG

<https://www.ph-freiburg.de/studium/bachelorstudiengaenge.html>

MASTER-STUDIEGÄNG

<https://www.ph-freiburg.de/studium/masterstudiengaenge.html>

LEHRAMTS-STUDIEGÄNG

<https://www.ph-freiburg.de/studium/studienorientierung/lehramt-studieren.html>

Bewerbungsfrist: 01. Juni – 15. Juli (oder 15. September fir zulassungsfräi Fächer).

Internetsite: <https://www.ph-freiburg.de/index.html>



KATHOLISCHE HOCHSCHULE FREIBURG

D'KH ass eng vun dene gréisste Schoule fir Sozial- a Gesondheetswiesen an Däitschland. Hei gi 7 Bachelor- an 8 Masterstudiegäng ugebueden, dovun 3 a Kooperatioun mat aneren Héichschoulen. Déi 5 regulär Masterstudiegäng ginn nëmmen fir e Studistart ab dem Summersemester ugebueden.

DEN DETAIL VUN DE FÄCHER

<https://www.kh-freiburg.de/de/studium/studiengaenge>

Internetsite fir d'Bewerbung: <https://www.kh-freiburg.de/de/studium/bewerbung>

Bewerbungsfrist: 15. März - 15. Juni (fir sozial Aarbecht) oder 15. März - 30. September (fir déi aner Bachelorstudiegäng); 01. Juni - 15. Dezember (fir d'Masterstudiegäng).

Internetsite: <https://www.kh-freiburg.de/de>



EVANGELISCHE HOCHSCHULE FREIBURG

Op der EH gi sozial a pedagogesch Fächer ugebueden.
Insgesamt kann een tëschent 3 Bachelorstudiegäng a 6 Masterstudiegäng wielen.

BACHELOR-STUDIEGÄNG

- Soziale Arbeit (Bewerbungsfrist: 15.07)
- Religion und Soziales (Bewerbungsfrist: 15.08)
- Kindheitspädagogik (Bewerbungsfrist: 15.07)

MASTER-STUDIEGÄNG

- Soziale Arbeit (Bewerbungsfrist: 28.01 bzw. 15.07)
- Religionspädagogik (Bewerbungsfrist: 15.01)
- Bildung und Erziehung im Kindesalter (Bewerbungsfrist: 28.01 bzw. 15.07)
- Friedenspädagogik / Peace Education (Bewerbungsfrist: 28.01 all 2 Joer: 2026, 2028, ...)
- Sozialmanagement (Bewerbungsfrist: 15.08)
- Supervision und Coaching (Bewerbungsfrist: 15.05 all 2 Joer: 2026, 2028, ...)

Bewerbungsfrist: variéiert jee no Studiegang; <https://www.eh-freiburg.de/fristen/>

Bewerbung: <https://www.eh-freiburg.de/bewerben/>

Internetsite: <https://www.eh-freiburg.de/>



WEIDER HÉICHSCHOULEN ZU FREIBURG

Musikhochschule Freiburg: <https://www.mh-freiburg.de/>

Hochschule Macromedia Freiburg: <https://www.macromedia-fachhochschule.de>

Angell Akademie Freiburg: <https://www.angell-akademie.de/>

WUNNEN ZU FREIBURG

Wohnen wo andere Urlaub machen! – Jo, du hues dech fir däi Studium fir eng vun deene schéinste Stied an Däitschland entscheet. Well s du op mannst déi nächst 3 Joer hei wäerts verbréngen, muss du e puer Saachen iwwert d'Wunnen zu Freiburg wëssen.

Bildquelle: LAURE GEISEN



WUNNENGSSICH

En Tipp, deen dir warscheinlech all Student géif ginn, ass folgenden: Fänk DIREKT mat der Sich un, soubal s du weess, dass du op der Uni ugeholl gi bass. Well d'Wunnengssich zu Freiburg net immens einfach ass, rode mer dir ausserdeem, vill Zäit a Gedold matzebréngen.

Ufänke kanns du deng Sich op deenen übleche Websäiten:

- [Immobilienscout24.de](https://www.immobilienscout24.de)
- [Immonet.de](https://www.immonet.de)
- [Immowelt.de](https://www.immowelt.de)

Op "wg-gesucht" stelle Leit fräi Zëmmeren a WG'en zur Verfügung, du fënns awer och Einzelwunnengen. Du kanns och als deen dee sicht eng Annonce um Site opginn.

Op schnapp.de, dem Kleinanzeigenportal vun der Regionalzeitung "Badische Zeitung", fanne sech heiansdo och Wunnengen.

Wichtig! Wann s du un enger Wunneng interesséiert bass an du wëlls se kucke goen, da ruff onbedéngt dem Proprietär un fir e RDV auszemaachen, wann eng Nummer uginnt ass. Op Maille gëtt oft net geäntwert, am August – an der Haaptsaison – scho guer net. D'Studierendenwerk (SWFR) kann och hëllefbräich si bei der Wunnengssich. Si stellen Zëmmeren a WG'en vu Studentenwunnheemer zu Verfügung.

Internetsite: <https://www.swfr.de/wohnen/wohnheime/wohnheime-in-freiburg/>

Et ginn awer nach aner Studentenheemer zu Freiburg an deenen all Semester Einzelwunnengen a WG'en fräi ginn! Sou zum Beispill de Campo Novo oder The Fizz.

Internetsite: <https://www.campo-novo-freiburg.de/>
<https://www.the-fizz.com/studentenwohnheim/freiburg-mitte/>

Natierlech kanns du och ëmmer an der SLUF-Facebook-Grupp oder an der WhatsApp-Community nofroen, ob eng Wunneng fräi gëtt, oder eng Mail un de Comité vum SLUF schécken.



Mailadress: comite.sluf@gmail.com

Facebook-Grupp: [SLUF – Studierende vu Lëtzebuerg op der Uni-Freiburg](https://www.facebook.com/SLUF-Studente-vu-Letzebuerg-op-der-Uni-Freiburg)

WhatsApp-Community: [https://chat.whatsapp.com/](https://chat.whatsapp.com/Fpda082CWII0g9KuSj19m3)

[Fpda082CWII0g9KuSj19m3](https://chat.whatsapp.com/Fpda082CWII0g9KuSj19m3)

De Loyer bezitt sech zu Freiburg op e Betrag tëscht 400–900€, jee nodeems ob s du eleng oder an enger WG wëlls wunnen.



Bildquelle: LAURE GEISEN

MELDEBEHÖRDE

Wann s du op Freiburg plënners, respektiv däi Wunnsätz innerhalb vu Freiburg änners, muss de dat bei der Meldebehörde mellen. Dat muss innerhalb vun 2 Wochen nom raplënnere geschéien. Bei der Umeldung fale keng Käschten un.

Du brauchst dofir folgend Saachen/Dokumenten:

- ❑ Deng Carte d'Identité oder däi Pass
- ❑ Wann s du net eleng an d'Wunneng plënners, brauchst du och eng Pièce d'Identité vun dengem/er Matbewunner*in
- ❑ Eng Wunnungsbescheinigung vum Vermieter

Wou muss du dofir hin? Du muss dofir an de Bürgerservice an d'"Rathaus im Stühlinger". Du muss iwwert hire Site e Rendezvous ausmaachen. Sou erspuerst du der laang Waardezäiten.

Internetsite: <https://www.freiburg.de/pb/-/205348/oe6014405>

Mëttlerweil ass dës **Umeldung** och **komplett online** méiglech!

Internetsite: <https://wohnsitzanmeldung.gov.de/>

RUNDFUNKBEITRAG

Soubal s du dech um Meldeamt ugemellt hues, kriss du no puer Wochen den onbeléifte Bréif vun der GEZ, nämlech d'Opfuerderung d'Rundfunkgebühren ze bezuelen. Dës muss du bezuelen AUSSER wann s du d'Sozialbourse vum AideFi kriss, da kanns du dech dovun befreien loossen. Wéi dat genau funktionieert, kanns du um Site vun der ACEL am Studenteguide (S.17) nolerien.

Link: <https://acel.lu/2025/07/25/de-studenteguide-2025-26/>

WÉI KOMMEN ECH OP FREIBURG?

Transport – Am beschte kënnst du op Freiburg ëmmer nach mam Auto. Du kanns entweder iwwer Saarbrécken fueren (3 Stonnen an 20 Minutten vum Zentrum aus) oder iwwer Frankräich (knapps 3 Stonnen vum Zentrum aus). Wann s du iwwer Frankräich fiers, muss du Payage bezuelen. De Montant beleeft sech op +/- 15€. Beim ACL kanns du (muss awer net) ee bip&go kafe, mat deem s du duerch de Payage fueren kanns, ouni musse stoen ze bleiwen. Fiers du reegelméisseg (also 1 mol de Mount mindestens) kascht dech de bip&go 16€ am Joer an 10€ fir d'Aktivierung. Dat coolt un der Saach: Du muss net beim Payage waarden an du kanns de bip&go europawäit notzen.

Wann s du keen eegenen Auto hues, kanns du dech un eis Transport-Grupp op Facebook a WhatsApp wenden. Hei kanns du draschreiw, wéini s du vu Freiburg op Lëtzebuerg an ëmgedrëit wëlls matgeholl ginn. Et fënnt sech bal ëmmer een deen dech mathëlt.



Facebookgrupp: [Lëtzebuerg <> Freiburg im Breigau](#)

WhatsApp-Community: <https://chat.whatsapp.com/Fpda082CWII0g9KuSj19m3>

Du kanns och mam Flixbus op Lëtzebuerg fueren. Dëst ass allerdéngs e bësse méi komplizéiert an zäitintensiv. Well d'Linn net ëmmer op Lëtzebuerg fiert, muss du heiansdo ëmklammen a bass tëscht 5 an 7 Stonnen ënnerwee. Den Trajet kascht dech 20€ opwärts.

Och mam Zuch gëtt et keng direkt Linn, déi tëscht Freiburg an Lëtzebuerg fiert.

INTERVIEWS MAT DE MEMBEREN ZU DE STUDIEGÄNG



GEESCHTESWÛSSENSCHAFTEN

GERMANISTIK



VANESSA PETER

Studéiert **Deutsche Literatur** am Master op der **Uni Freiburg** an huet "Bachelor en Cultures Européennes – Germanistik" op der uni.lu studéiert



D'Vanessa huet "Bachelor en Cultures Européennes – Germanistik" am Bachelor op der uni.lu studéiert. Virun allem d'Literatur ass e Grond firwat hatt sech zu dësem Studium entscheet huet.

Zu Freiburg ass de Bachelor Studiengang "Germanistik: Deutsche Literatur" zulassungsfrei, wat bedeit, dat een keng gewëssen Nott oder ee Stage brauch. D'Hauptfach deelt sech hei an dräi Beräicher op: Linguistik, Mediävistik an Neuere Deutsche Literatur. Déi lescht zwee Semester spezialiséiert een sech dann op ee vun deenen dräi Beräicher. Den typesche Studium besteet haaptsächlech aus Seminarer mat e puer Virlesungen. Am meeschte muss een awer Seminarer besichen, wou een ee bestëmmt Thema duerchhëlt. D'Virlesunge gi meeschtens een Iwwerblëck, kënnen awer och spezifesch sinn. Deemno wéi muss/kann een och Tutorater besichen, déi vu StudentInnen gefouert ginn an déi eng Hëllefstellung zu de Seminarer respektiv Virlesunge ginn. Übungen a Praktika muss een net maachen.

Fir e Studium an der Germanistik ass et wichteg, dass ee gären liest, an och dass ee gäre schreift, vue dass ee bal ëmmer eng Hausaarbecht oder Essays fir d'Seminarer schreiwe muss. Mëttlerweil studéiert d'Vanessa "Deutsche Literatur" am Master. Do ginn et méi Masterstudiengäng, d'Vanessa huet sech besonnesch opgrond vun der Villfältegkeet vum Studium vir dëse spezifesch Master entscheet. Och dass ee Wierker vum 8. Joerhonnert bis a Géigewaart liest an analyséiert, huet hatt iwwerzeegt.



Fir an de Master eranzekommen muss een näischt Extraes erfüllen ausser eben, dass een e Bachelor an der Germanistik oder an engem änleche Fach brauch.

Mam Studium kann een duerno Proff ginn, mä et ginn och nach aner Méiglechteete, wéi zum Beispill bei eng Zeitung ze goen oder bei ee Verlag.





GESCHICHT

SHAÏ KASS

Studéiert am Bachelor **Geschicht** am
Haaptfach an **Archäologie** am
Niewefach op der **Uni Freiburg**.



De Shaï studéiert am Bachelor Geschicht am Haaptfach an Archäologie am Niewefach. Zulassungsvoraussetzungen: D'Haaptfach ass zulassungsfrei an et huet ee kee Problem eran ze kommen, mee et brauch ee Latäin, entweder aus dem Lycée oder et kann een dat och op der Uni nach nohuelen. Eng lëtzebuergesch Premiere oder en änleche Secondaires-Ofschloss geet ansonsten duer. D'Niewefach Archäologie ass och net zulassungsbeschränkt. Et ginn awer och nach vill aner méiglech Fächerkombinatiounen.

Am Ufank vum Studium huet een eng rei Virlesungen, déi engem e gudden Iwwerbléck iwwer d'Weltgeschichte ginn. Wat ee méi wäit am Studium kënnt, wat een ëmmer méi Seminarer an Übungen huet, wou ee méi spezifesch Themen a méi kleng Gruppe behandelt. De Shaï huet dobäi ëmmer appreciéiert, dass de Choix u Coursen zu verschiddene Sujeten enorm grouss ass, an een doduerch ëmmer eppes fënnt wat engem gefält! En obligatoresche Stage gëtt et net, et ass awer méiglech een ze maachen an deen och ugerechent ze kréien. Als Ofschloss vum Bachelor schreift een eng Bacheloraarbecht.

Wat mécht de Shaï dann no sengem Studium? Dat ass eng excellent Fro! Ech wäert mol e Master drun uschléissen, wéi ee sinn ech mer nach net ganz sécher, Choix huet een onendlech vill! Wei och mam Master huet een och dono bei dem Choix vum Beruff eng enorm Auswiel! Vu Journalist, iwwer Geschichtsproff bis zum UNO-Generalsekretär ass amfong alles méiglech!



MEDIZIN



LILY DARNÉ

Studiert **Zahnmedizin** op der Uni
Freiburg.

ZAHNMEDIZIN

D'Lily Darné studiert Zahnmedizin op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg. Hatt fënnt den Beruff besonnesch spannend, well dësen déi praktesch Feinaarbecht mat medezineschem Wëssen verbënnt.

Umeldung: D'Umeldung fir de Studium vun der Zahnmedizin an Däitschland leeft iwwert Hochschulstart, zesumme mam Medizinstudium. Et ass natierlech en Viirdeel, wann een eng 1,0 (ongeféier 50 Punkten op der Première) kritt, mee dat ass net onbedéngt néideg. Et ginn och aner Weeër fir sech ze qualifizéieren, wéi zum Beispill iwwer de Medizinertest (TMS) oder duerch praktesch Erfahrung mat enger Léier am Gesondheetsberäich.

Studium: De Studium vun der Zahnmedizin an Däitschland ass an dräi Deeler agedeelt. No all Deel gëtt ee Staatsexamen ofgeluecht (Z1, Z2, Z3)).

Den éischten Deel (2 Joer): Hei geet et haaptsächlech ëm d'naturwëssenschaftlech Fächer. Dobäi kommen och praktesch Übunge mat Modeller an der Zahnklinik, déi en éischten Abléck an de spéidere Beruff bidden. Ausserdeem muss een 1 Mount laang ee "Pflegepraktikum" maachen an en Éischt-Hëllef-Cours ofgeschloss hunn, fir fir den éischte Staatsexamen zougelooss ze ginn. D'Prüfungen am Z1 gi mëndlech ofgehalen.

Den zweeten Deel (1 Joer): Hei läit de Fokus op praktescher Aarbecht u Modeller an der Zännklinik. D'Lily hätt sech gewënscht, hat hätt virdru schon e Stage bei engem Zänntechniker gemaach, well dat eng ganz gutt Virbereedung gewiescht wier. Duerno gëtt den zweeten Staatsexamen ofgeluecht, dee mëndlech a praktesch op Modeller ofgehale gëtt.

Den drëtten Deel (2 Joer): Elo gëtt et wierklech interessant. Hei fänkt een un, Patienten iwwer véier Semester ze behandelen. Et ginn zwar nach ëmmer Virlesungen, mee de gréissten Deel vun der Zäit verbréngt een an der Klinik. Hei léiert een déi spannend, mee och déi stresseg Säite vum Zänn Dokter-Beruff kennen. Zum Schluss kënt deen drëtte Staatsexamen, dee mëndlech, praktesch um Patient an och schrëftlech ofgehele gëtt. Ausserdeem muss een nach 1 Mount eng Famulatur bei engem Zänn Dokter maachen.

Perspektiven: Nom Studium kann een en Doktertittel maachen (deelweis och schonn während dem Studium) oder eng Spezialisatioun ugoen. Et gi vill Méiglechkeeten: Et kann een als Zänn Dokter schaffen, an d'Fuerschung goen oder och op enger Uni an der Léier schaffen. Déi meescht Student*innen entscheede sech awer fir d'Praxis – wat och bis elo dem Lily säin Plang ass.

Wat d'Lily gären virum Studium gewosst hätt: Als Rotschléi seet d'Lily, dass et hëllefräich wier ze wëssen, dass den Ufank vum Studium relativ léierintensiv ass. Awer wann een déi theoretesch Basis eemol verstanen huet, kënt een endlech bei d'Patientenbehandlung, wat hatt als besonnesch spannend erlieft. Ausserdeem spille sougenannten "Altfragen" an d'Rotschléi vu Student*innen aus méi héije Semesteren eng ganz wichteg Roll bei de Klausuren.

HUMANMEDIZIN

MINA MERSCH

Studéiert **Humanmedizin**
op der **Uni Freiburg**



D'Mina Mersch studéiert Humanmedizin op Staatsexamen an huet eis e bëssen iwwert säi Studium geizelt.

Bewerbung: De Studium verlaangt een Numerus clausus tëscht 1,0 an 1,1 respektiv ee gudde TMS (Test für medizinische Studiengänge). Fir de Medezinstudium muss een sech iwwert Hochschulstart umellen. Dat ass ee Verfare fir ganz Däitschland.

Studium: De Studium ass an 3 Deeler ënnerdeelt: Vorklinik (4 Semester), Klinik (6 Semester) a Praktescht Joer (2 Semester). An der Vorklinik mécht ee Basis-Theorie mat e puer Praktika. An der Klinik gesäit een dann déi eenzel Fachrichtunge, bei deenen een dann och vill mat op d'Statione geet. Am Praktesche Joer huet een 1 Joer laang Stagen. D'Virlesungen si begleedend zu de Praktika an deelweis huet een och mol nach Seminarer. De Studium ass op Däitsch an et ginn nëmmen Exame geschriwwen a keng Hausaarbechten. D'Exame sinn normalerweis éischter um Enn vum Semester. Ausser am 3. Semester, do huet een all 3 Wochen Examen.

De Studium vun der Humanmedezin ass jidderengem ze recommandéieren, deen u Medezin interesséiert ass a gäre mat Leit schafft. Et muss een sech awer bewusst sinn, dass ee vill Zäit an de Studium investéiere muss. Mee wou ee Wëllen ass, ass och ee Wee.

WIRTSCHAFTSWESSENSCHAFTEN

VOLKSWIRTSCHAFT



NIELS JANSEN

Huet **Volkswirtschaft** a **Betriebswirtschaftslehre** am Bachelor op der **Uni Freiburg** studiert.



Den Niels huet Volkswirtschaftslehre op der Albert- Ludwigs-Universität zu Freiburg studiert.

Bewerbung: De Studiegang vun der BWL ass zulassungsbeschränkt, hei brauch een ongeféier eng 2,5. De Studiegang vu VWL ass zulassungsfrei. Du muss just bewiese kennen, dass däin Däitsch-Niveau op d'mannst B2 entsprécht, a mat enger Premieren hues du automatesch een C1.

Studium: Virun allem déi éischt puer Semester huet ee vill Theorie, bis een dann seng eege Kuere wile kann. Et huet een am 1. Semester säin 1. an eenzege rengen Mathécours, allerdéngs ass a bal all anerem Fach Mathe involvéiert, et ass net onbedéngt extrem schwéier mee eng gewësse Basis sollt een awer hunn. Am VWL-Bachelor huet ee BWL-Elementer, am BWL-Bachelor ginn et manner Elementer vun der VWL. De BWL-Bachelor zu Freiburg huet ee spezielle Profil, et gëtt sech op Public an Non-Profit Management spezialiséiert, och schon am Bachelor. Dat heescht et gëtt sech spezialiséiert op eng Aarbecht am öffentlechen Beräich an an NGO'en.

Perspektiven: Du hues no engem BWL- oder VWL-Bachelor extrem vill Méiglechkeeten an der Finanzwelt, a wann s du nach ee Master hannendru méiss, gëtt et nach méi spezialiséiert. Generell gees du mat der BWL éischter méi betriebsintern schaffen a mat der VWL a Betriber oder Organisatiounen, déi sech ëm d'finanz-politeschen Verhältnissen an der Welt oder Regiounen këmmern. Déi zwee Studiengäng schléissen sech awer géigesäiteg net strikt aus an der Job-Welt.

Wat häss du nach gäre gewosst, éier s du ugefaangen hues mat studieren?

Ech wosst schon, dass et ee majoritär theoreteschen Studiegang ass, mee ech hat gehofft, dass méi Fallstudie behandelt gi wieren a méi Projeten.

SPORTWESSENSCHAFTEN

SPORTWISSENSCHAFTEN

NICK KETTEL

Huet **Sportwissenschaften** am Bachelor op der **Uni Freiburg** studéiert.



Den Nick huet Sportwissenschaften op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg studéiert.

Bewerbung: Baséierend op der Nummer vu Leit déi sech melle, ginn d'Critèrë méi labber oder verschäerft. Soss gëtt et nach ee Sporteignungstest als Aufnahmeprüfung. Deen kann een och zu Köln maachen an da fir 30 Euro iwwerschreiw loossen.

Perspektiven: De Fokus vum Studium läit dorop, Sportler ze hëllefen, richtig ze trainéieren oder no Verletzungen sech ze erhuelen. Nom Studium kann een op vill Plaze schaffe goe, wéi zu Beispill a Rehaklinike wéi um Kierchbierg oder beim SC Freiburg, oder alternativ beim Staat fir u Sensibilisatiounscampagnen ze schaffen. Den Nick kann domat och nom Master Sportsproff ginn.

Wat häss du nach gäre gewosst, éier s du ugefaangen hues mat studéieren?

Eigentlech ass dat meescht esou wéi ech mer et virgestallt hunn. Wat awer gutt ze wëssen ass, ass dass et vill wëssenschaftlëch Aarbecht gëtt an dat zimmlech dréche ka sinn. An dass d'Sportarten, déi s du an der Praxis spills, net extrem divers si, mee dat stellt awer kee Problem fir mäi Berufschoix duer.

SOZIALWESSENSCHAFTEN



SOZIAL AARBECHT

HILARY COSTA MIRANDA

Huet **Sozial Aarbecht** am Bachelor op der KH studéiert.

SOPHIE FEY

Studéiert **Sozial Aarbecht** am Bachelor op der EH.



De Studium ass op béide Plazen ausgeluecht, fir en a 7 Semesteren ze maachen. Am grouse Ganze sinn eis Interviewten sech eens, dass et kee groussen Ënnerscheed tëscht béiden Héichschoule gëtt, an dass béid hier Plus- a Minuspunkten hunn.

Bewerbung: Mat enger Lëtzebuerger Première sollt et net all ze schwéier si fir an de Studium op béiden Héichschoulen eranzekommen. Allen zwee hunn e Punktesystem, an dem verschidde Saache consideréiert ginn. E classeschen Numerus Clausus gëtt et net. Besonnesch virdeelhaft ass et awer, wann s du Erfahrungen am Beräich opweise kanns (Stage, Volontariat, SNJ, etc.). Op der EH muss de Stage / Volontariat op mannst 6 Méint laang gewiescht sinn, fir datt en zielt.

Studium: De Studium setzt sech op béide Plaze gréisstendeels aus Virlesungen a Seminarer zesummen. D'Seminarer si fräi wielbar a verdéiwen d'Matière a kleng Gruppen, sou datt een a méi héije Semestere virun allem nach därer huet. D'Coursen decke vill verschidde Beräicher of: Psycho, Pédagogie, Fuerschung, Droit, Praxis etc. D'EH huet eng Präsenzpflicht fir d'Coursen, d'KH dogéint awer net. Op béiden Héichschoule muss een e Praxissemester (Stage) maachen, egal op hei an Däitschland oder am Ausland. Op der EH ass dat iwwert dat ganz 3. Semester, op der KH iwwert dat 4.

Perspektiven: De Studium bitt engem divers Méiglechkeeten, sou dass engem spéiderhi vill verschidden Aarbechtsfelder opstinn. Mam Bachelor kann een duerno entweder als Assistante sociale oder als Educateur / Educatrice gradué*e schaffen. D'Hilary schafft elo am Sepas vun engem Lycée. D'Sophie wëll duerno gäre mat Kanner an Jugendleche schaffen. Hatt ass sech nach net ganz sécher a wéi engem Beräich. Souwuel d'Hilary wéi och d'Sophie géingen hire Studium op alle Fall recommandéieren!

Wat d'Hilary gäre virum Studium gewosst hätt: Ech hätt gäre méi Informatiounen zum Oflaf vum Studium gehat. Wat genau gött vun engem erwaart? Wéi leeft dat ganzt mam Stage of? Den Informatiounsfloss ass op der KH leider heiansdo e bësse verbesserungswürdeg, sou dass een zum Deel selwer den Effort muss maachen, fir all d'Infoen ze kréien.

Wat d'Sophie gäre virum Studium gewosst hätt: Ech hätt gäre gewosst, wéi d'Auswiel vun de Seminarer ofleeft. Vu dass d'Héichschoul all Semester just eng begrenzten Unzuel u Seminarer ubitt, gött ausgeloust, wien herno wou Deel hält. Et kann een zwar seng Prioritéiten a Virléiften uginn, mee heiansdo kënnt et scho vir, datt een net bei sengem 1. Choix erakënnt – virun allem wann d'Seminar ganz beléift ass.

PS: Wanns du schon en Édicateursdiplom zu Letzebuerg gemaach hues, da kanns du dir och e puer Moduler dovun urechnen loossen.



CONNY SIMON

Studiert **Lehramt Primarstufe** am Bachelor op der PH.



D'Conny studiert Lehramt Primarstufe op der Pädagogischen Hochschule Freiburg (PH).

De Studium kann ee souwuel am Wanter- wéi och am Summersemester ufänken an dauert an der Reegel 6 Semester.

Am Zentrum vum Studieprogramm stinn déi zwee Fächer Däitsch a Mathé, woubäi eent vun deenen zwee Fächer verdéift ka ginn. Donieft kann een e weidert Fach aus engem spezialiséierte Beräich, wéi z.B. Naturwëssenschaften, Sozialwëssenschaften, Musek, Konscht a Sport, awer virun allem och Franséisch oder Englesch als Friemsprouch wielen. Eng wichteg Grondlag fir de ganze Studium bitt de Beräich Bildungswëssenschaften: hei léiert een ënner anerem wéi Kanner léieren, wéi ee Klassen organiséiert an ënnerstëtzt, a wéi ee pädagogesch professionell handelt. Dëst schaaft eng essenziell Basis fir de spéidere Beruff an d'Praxisphasen.

Eng wichteg Roll am Studium spillen och dës praktesch Phasen an de Schoulen. Tëschent dem 1. an 2. Semester mécht een en Orientéierungspraktikum vun 3 Wochen, dëst kann een och zu Lëtzebuerg maachen. Am 5. Semester kënnt d'intégréiert Semesterpraktikum, dat 16 Wochen dauert a mat begleedende Coursen un der Héichschoul verbonnen ass.

Ofgeschloss gëtt d'Studium mat enger Bacheloraarbecht am 6. Semester.

Wichtig: Fir zu Lëtzebuerg kënnen als Enseignant*e ze schaffen, ass nom Bachelor de Masterstudium obligatoresch.



MEDIENKULTURWISSENSCHAFTEN

EVE BERNARDO

Studéiert **Medienkulturwëssenschaften** am
Hauptfach a **Politikwëssenschaften** am
Niewefach am Bachelor op der **Uni Freiburg**.



Zulassungsvoraussetzungen: De Studiengang Medienkulturwëssenschaften ass zulassungsbeschränkt, vue dass et nëmme begrenzt Plaze ginn. Beim Auswahlverfahren gëtt op den Abiturduerschnitt (bei eis d' Moyenne vun der 1e) an deemno wéi och op ausserschoulesch Aktivitéite gekuckt. Ee festen Numerus Clausus gëtt et awer net.

D'Niewefach Politikwëssenschaften ass och zulassungsbeschränkt a genau sou wéi beim Hauptfach, gëtt hei op d'Moyenne an op ausserschoulesch Leeschtunge gekuckt. An der Reegel gi just 15 bis 20 Studiëplaze fir Politikwëssenschaft als Niewefach zougeloooss.

Studium: Medienkulturwëssenschaften besteet engersäits aus theoriebasierte Virlesungen, Übungen a Seminaren. Hei gi verschidden Deeler wéi, d'Geschicht, déi verschidden Auswierkunge an och kulturell Aspekter vun de Medien, ganz theoretesch, op Basis vu Literatur behandelt. Ee groussen Deel vum Studium besteet also doraus, sech mat Texter auserneen ze setzen an déi z'analyséieren.

Den aneren Deel vum Studium besteet aus enger Réi praktesche Seminarer an Übungen. All Semester läit de Fokus op engem anere Medium, wou et drëms geet, sech méi konkret mat deem Medium auserneen ze setzen an dat, wat een an der Theorie geléiert huet, novollzéien ze kennen. Zum Beispill dréint een am éischte Semester selwer ee Kuerzfilm. Niewent de Virlesungen, muss een och een obligatoresche Stage vu mindestens 6 Wochen maachen.

Perspektiven: Ech perséinlech studéiere Medienkulturwëssenschaften, fir herno a Richtung Journalismus ze goen. Mee dëse Studiengang bitt engem ganz vill a verschidde Méiglechkeeten. Sou kann een herno zum Beispill an de Kulturberäich, an d' Film/ Fernseh/Radioproduktioun, oder an de Beräich vun de Soziale Medien schaffe goen. Medienkulturwëssenschaft léisst sech mat enger grousser Unzuel u Fächer kombinéieren, d'Auswiel vum Niewefach kann deemno wéi hëllefen sech nach méi konkret op ee bestëmmte Beräich an der Aarbechtswelt, virzubereeden.

NATURWESSENSCHAFTEN

CHIMIE



MICHEL KEIFFER

Studéiert **Chimie** am
Bachelor op der **Uni**
Freiburg.



De Michel mécht e Bachelor an der Chimie op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg.

Fir ugehofft ze gi brauch een eng Première oder e gläichwäertegen Diplom. Et gött kee numerus clausus an et gött och kee Stage gefrot.

Am Studium ginn déi verschidde Beräicher vun der Chimie behandelt. Dobäi sinn d'Virlesungen ëmmer moies an d'Arbecht am Labo ëmmer mëttes. Vill Virlesunge gi begleet vun Übungen, déi zwar fräiwëlleg sinn, awer de Michel recommandéiert d'Übunge matzemaachen, wann ee wëll d'Klausur packen. Normalerweis ginn et zwee bis dräi Deeg am Labo pro Woch. Déi mussen och virbereet ginn, fir dass ee weess wat ze maachen ass. Nom Labo muss een e Protokoll schreiwen. Fir verschidden Laboen muss een eng bestëmmte Klausur aus dem Semester virdru packe fir zougelooss ze ginn. Dofir wier et gutt, wann ee grad am éischte Semester all Klausur packt. Am Ufank huet een net direkt TPen, mais et ginn zwou Kenntnisprüfungen gemaach, déi ee muss packe fir dass ee fir d'TPen zougelooss gött. Am läschte Semester steet d'Bacheloraarbecht um Programm. Hei ënnerstëtzt een en Doktorand bei senger Dokteraarbecht. D'Bacheloraarbecht soll dann ee Protokoll vun der Labosaarbecht sinn, déi ee gemaach huet.

Grad am Ufank gött vill vun engem verlaangt an et muss ee vill Zäit a säi Studium investéieren. Et muss een oppassen, dass een net direkt ofgehaange gött. Am Géigenzuch gött een awer gutt betreit an ënnerstëtzt vun de verschiddenen Usprichpartner.

De Studium soll virun allem Leit usprechen, déi interesséiert un Chimie an de verschiddene Fachberäicher sinn. D'Mathe an d'Physique sollte kee Problem si wann een op Première keng Problemer domat hat.



Nom Studium huet ee vill verschidde Méiglechkeete fir schaffen ze goen. An der Industrie gi vill Leit gesicht, grad wann et drëms geet fir nei Verfaren z'entwéckelen oder bei der Produktioun vu Produkte wéi zu Beispill an der Batterien- oder der Solartechnologie. Natierlech ass d'Recherche och ëmmer eng Optioun.

Freiburg eegent sech extra gutt fir Chimie ze studéieren. Hei befënnt sech ee Fraunhofer-Institut a verschidde Firmen am Beräich hunn hire Sëtz hei. Sou huet ee ganz vill Méiglechkeete fir e Stage ze maachen oder e Minijob ze fannen. Et gëtt och all Joers en Jobdag ofgehalen, wou virun allem Vertrieeder aus Däitschland an der Schwäiz present sinn.





GEOGRAPHIE

MAURICE THOMÉ

Huet **Géographie** op der **Uni Freiburg** studéiert.



De Maurice huet Geographie am Master op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg studéiert. Säi Bachelor huet hien och zu Freiburg gemaach.

Et gëtt fir de Bachelor eng Première oder e gläichwäertegen Diplom gefrot, souwéi en numerus clausus dee meeschtens tëscht 2.3 an 3.0 läit. Wann ee sollt op d'Waardelëscht kommen, dierft dat och kee Problem sinn, well an den allermeeschte Fäll gëtt een dann trotzdeem ugeholl.

De Studium behandelt déi zwee grouss Beräicher vun der Geographie: engersäits human Geographie, wou ee Fächer wéi Demographie, Städtebau oder Tourismus huet, an anerersäits d'physisch Geographie, wou een Theme wéi Geomorphologie, Meteorologie oder Hydrologie behandelt.



Den Opbau vum Studium ass relativ villfälteg opgebaut mat Virlesungen, Tutorater, Seminarer, Hausaarbechten an Excursiounen, déi meeschtens ganz flott sinn. Et huet een am Prinzip keng Pflichtveranstaltungen ausser de Seminarer. Ab dem zweete Semester huet ee Wahlpflichtfächer, bei deenen een e grouse Choix huet. Sou kann ee sech scho fréi raussichen, a wat fir engem Beräich ee sech wëll spezialiséieren. Am véierte Semester steet normalerweis eng grouss Excursioun an d'Ausland um Programm. Verschidden Destinatiounen vun dëser Excursioun kennen zum Beispill d'Alpen oder Skandinavien sinn.

Dat wat een am Studium gesäit, ass net onbedéngt vergläichbar mat deem, wat een am Lycée gesinn huet, dat géing een hei éischter Landschaftskunde nennen. De Studium ass zudeem zimmlech breet gefächert, sou dass een d'Méiglechkeet huet, en Abléck a vill verschidden Domänen ze kréien.

De Maurice géing dëse Studiegang Leit empfeelen, déi Interessi hunn un der Natur an Ëmwelt, oder de Beräicher vun der humaner Geographie. Et soll een awer e gutt Allgemengwësse matbréngen an et muss een sech drop astellen, dass vill nei Saachen op een duerkommen. Och d'Aarbecht mam Computer kann een iwwerraschen (notamment Statistik- a Geomatikprogrammer).

Nom Studium huet een e ganz grouse Choix u Beruffer, déi ee kann ausüben, mee meeschtens ass ee Master gefrot. De Staat an d'Gemege sichen ëmmer rëm Geographen, et kann een an ee Bureau d'études schaffe goen oder och bei Ponts & Chaussées. Ganz spezifesch kann een och d'Aarbecht bei der däitscher Police nennen, déi Geographe brauch fir hir Kaarten ze aktualiséieren oder politesch Parteien, déi wësse wëlle wou hir Wielerschaft wunnt.





FIONA JACOBY

Studiert **Biologie** am Master
op der **Uni Freiburg**.



D'Fiona studiert Biologie am Master op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg.

De Bachelor-Studium setzt eng Première viraus souwéi en numerus clausus, deen normalerweis ëm 2.3 läit. Eng Première C ass vu Virdeel, awer net onbedéngt néideg fir ugehall ze gi.

An den éischte véier Semester huet ee Grondlagefächer, déi aus Virlesung an den entsprecheenden Übunge bestinn. D'Fächer decken am Fong all Beräich vun der Bio of, sou dass een eng gutt Basis fir déi spéider Semester huet. Dozou kommen am Ufank vum Studium dann och nach relativ vill Mathe, Chimie a Physik, wat als Grondlag déngen soll. An der Reegel gëtt et zu all Fach Virlesungen an Tutorater.

Nom véierte Semester huet een da Vertiefungsfächer, déi een sech selwer kann eraussichen. Hei decidéiert een sech, a wat fir engem Gebitt een sech spezialiséiere wëll. Elo kommen och Excursionen a Geländeübungen op de Stonneplang.

Ganz oft huet een an de Semesterferien nach Praktika oder Labosaarbecht während zwou oder dräi Wochen, soudass een da leider net fräi huet. Well een sou vill verschidde Beräicher ofdeckt, kann et mol sinn, dass engem dat engt Fach net sou gutt gefällt an dat anert dofir ëmsou méi.

Dëse Studium eegent sech besonnesch fir Leit, déi sech fir Biologie an déi verschidden Ënnerdomänen interesséieren. Et ass ausserdeem net schlecht, wann ee gutt a Mathe, Chimie a Physik ass.

Nom Studium kann ee virun allem am Beräich vun Natur an Ëmwelt schaffe goen, een et kann een awer och an d' Fuerschung goen oder an engem Labo schaffen.

Am Master huet een dann nach eng Kéier d'Chance, am éischte Semester an 3 verschidde Fächer méi déif eranzegoen. Duerno decidéiert een sech dann endgültig fir ee Fachberäich an deem een dann och bis zur Masteraarbecht a kleng Gruppe ganz praktesch schafft an oft schonn aktiv Forschung bedreift. Fir de Master of Science Biologie muss een en ofgeschlossene Bachelor of Science am Beräich Biologie hunn an de numerus clausus läit meeschtens bei 2.7.

UMWELTNATURWISSENSCHAFTEN

JACQUES THEISEN

Huet **Umweltnaturwissenschaften** am Bachelor op der **Uni Freiburg** studéiert.



De Jacques huet **Umweltnaturwissenschaften** op der Uni Freiburg studéiert.

Fir dass een ugeholl gött, brauch een eng **Première** oder ee gläichwärtigen **Diplom** an et gött een **numerus clausus**, deen em 2.5 ass.

Déi éischt Semester bilden **Basiswëssen** an den **Naturwëssenschaften**. **Bio**, **Chimie**, **Physique** a **Mathe** bilden ee **substanziellen** Deel vun den éischte Semester, awer et fänkt een och direkt mat **Fächer** wei **Bodenkunde** oder **Geomatik** un. Am 2. Semester kann een sech dann eraussichen, wat ee gären am **Niewefach** géing maachen, wat **integrale** Bestanddeel vum **Studium** ass. Hei huet ee 5 **Méiglechkeeten** zum **Choix**. Ab dem 4. Semester huet een dann déi éischt **Wahlpflichtfächer** an am 6. Semester huet een dann ee **Praktikum** vun 8 Wochen. Et gi virun allem **Virlesungen** ugebueden, mat begleedenden **Tutorater** an **Übungen**. **Hausaarbechten** a **Seminarer** kennen awer och mol virkommen. Et stinn awer och eng ganz **Rei** **Excursiounen** um **Programm**.

Änlech wéi bei de **Waldwissenschaften**, ginn et och bei den **Umweltnaturwissenschaften** relativ vill **Excursiounen**, mais mat aneren **Themeberäicher**, wéi zum **Beispill** **Naturschutz**. Et huet een och hei d'**Méiglechkeet** vir **niewent** dem **Studium** de **Juegdschäin**, ee **Motorseescours**, etc. ze maachen.

Dëse **Studiegang** eegent sech fir **Leit**, déi un der **Natur** an **Ëmwelt** interesséiert sinn, respektiv sech fir **Naturwëssenschaften** am **Allgemengen** interesséieren.

Nom **Bachelor** huet de Jacques nach ee **Master** ugefaangen. Hien huet awer kee **kloren** **Dramberuff** a léisst sech vill **Méiglechkeeten** op. D'**Bandbreet** vu **Beruffer**, déi een **duerno** kann **ausüben** ass relativ **breet**. Et kann ee beim **Staat** oder enger **Gemeng** schaffen oder an engem **bureau d'études**. Et kann een awer och am **Beräich** vum **Naturschutz** schaffen. **Raumplanugsbureauen** sinn och eng **Méiglechkeet**.



WALDWISSENSCHAFTEN

JEAN-MICHEL BECK

Huet **Waldwissenschaften** am Bachelor op der **Uni Freiburg** studéiert.



De Jang huet Waldwissenschaften zu Freiburg studéiert.

Fir ranzekommen brauch een eng Première oder gläichwärtigen Ofschloss an et gëtt een numerus clausus, deen tëscht 2.3 an 3.0 leie kann.

De Studium dréint sech, wéi den Numm et scho seet, haaptsächlech ëmt de Bësch an wat domat verbonnen ass. Trotzdem gesäit ee vill méi wéi just de Bësch an d'Beem. An den éischte Semesteren ginn d'Grundlagen geluecht, déi wichteg sinn fir ee gewëssent Basiswëssen ze kréien. Et gi virun Allem Virlesungen ugebueden, mee et huet een awer soch vun Ufank u vill Excursiounen um Terrain, déi ganz interessant sinn a bei deenen ee vill praktëscht Wësse vermëttelt kritt.

De Studiengang gëtt mat engem integréierte Niewefach ugebueden, wou engem 5 Auswielméiglegkeeten ugebuede gin.

Ab dem 5. Semester huet een da Wahlpflichtfächer, mat deenen ee sech ka weider spezialiséieren, an am 6. Semester ass ee Berufspraktikum virgesinn, dat 8 Wochen dauert.

Wat um Jang séngem Studium aussergewöhnlech ass, dat sinn déi vill Excursiounen. Hei geet een oft an de Bësch fir zum Beispill Maschinne beim Asaz ze gesi, Plantatioune kucken ze goen, oder ze léiere wéi verschidde Moossgeräter funktionnéieren. Ausserdem befasst sech de Studiengang vill mat aktuellen Themen wéi der Dréchent oder dem Borkenkäfer. Ausserdem bidd d'Universitéit d'Méiglegkeet fir de Juegtschäin, een Holzerntekurs, etc. ze maachen. Déi Saachen sinn zwar net Bestanddeel vum Studium, mee si gin awwer op ville Plazen unerkannt a si wesentlech méi bëlleg, wéi wann een se géif privat maachen.

De Jang seet, dass dee Studium ideal ass fir Leit, déi sech fir de Bësch an d'Ëmwelt interesséieren a gär dobausse sinn. De Studium bereet dorop vir, fir duerno am oder mam Bësch ze schaffen.

Nom Bachelor kann een ee Master maachen oder direkt schaffe goen. Méiglech Débouchéen: an enger Verwaltung schaffen, Fierschter ginn, am Naturschutz schaffen, an d'Holzindustrie goen, oder Forstmanagement maachen.



FORSTWISSENSCHAFTEN

CATHERINE THEISEN

Huet **Forstwissenschaften** am
Master op der **Uni Freiburg**
studéiert.



D'Catherine huet Forstwissenschaften am Master op der Uni Freiburg studéiert. Virdrun huet hatt sai Bachelor an der Ëmweltplanung a Landschaftsarchitektur op der Uni zu Hannover gemaach.

Bewerbung: Fir an de Master Forstwissenschaften eran ze komme, muss een e Bachelor am Ëmweltberäich gemaach hunn. D'Uni kuckt dann, ob déi Fächer, déi ee gemaach huet, mat deenen aus hirem Bachelor iwwerteneen passen, fir sécher ze goen, dass een am Master gutt matkënnt. Niewent de Fächer sinn och

Stagen an aner Engagementer vu Virdeel fir eranzekommen. D'Catherine huet eng 1ère G zu Wooltz gemaach an hat ni Problemer mat sengem Studium am Ëmweltberäich.

Studium: Am Forststudium léiert ee wéi de Bësch an d'Kulturlandschaft zesummenhänken. D'Fächer variéiere vun Naturschutz, iwwer Pedologie (Bodenkunde), Hydrologie, Botanik, Geomatik hin zu Verfahrenstechnik, Waldmesslehre a Waldwachstum. De Master Forststudium ass zu Freiburg bësse méi speziell opgebaut. De Studium baut op Modulen, déi ëmmer 3 Wochen daueren. Dat heescht et huet ee quasi eng "normal" Schaffwoch, déi mat engem Fach gefëllt ass. An deenen 3 Wochen ass dann och well d'Prüfungsleeschtung / d'Klausur vun deem Modul mat abegraff. Dat huet de Virdeel, dass een sech komplett op ee Fach konzentréiere kann an net parallel nach un anere Fächer muss denken. Den Nodeel ass awer, dass ee gefëllt dauernd Klausuren huet an net wierklech aus dem Léieren erauskënnt. Dobäi kënnt, dass een sech net an der Déift mat engem Fach auserneesetze kann, well 3 Woche relativ séier eriwwe sinn. Am Masterstudium Forst ass een an enger klenger Klass vu ca. 30 Leit, wat cool ass well ee seng Kommilitonen duerch d'Gruppenaarbechten an déi vill Excursiounen um Terrain relativ séier kenneléiert. Niewent de Modulen an de Klausuren muss een awer och nach 7 Woche Stage an eng Masterarbecht maache fir kënnen de Master-Diplom ze kréien.

Perspektiven: Mam Master an de Forstwëssenschafte kann d'Catherine zu Lëtzebuerg a verschiddene Beräicher schaffen. Am Géigendeel zu engem Fierschter ass hatt herno méi fir dee planereschen Deel vun der Exploitatioun an der Gestiou vum Bësch an engem Team zoustänneg. Hatt kann zum Enge beim Staat bei d'Administration de la nature et des forêts (ANF) schaffen goen oder de verschiddene Bureaux d'études (LuxPlan, Efor-Ersa, Lignafor,...) ënnerdaach kommen. Ansonste gi bei Natur an Ëmwelt oder beim Sicona och ëmmer erëm Leit mat engem Forst-Diplom gesicht.

D'Catherine géing säi Studium weider recommandéieren, och wann ee muss stressresistent sinn a leider net op all Stammdësch goe kann.

Mee so Catherine, ass do nach eppes, wat s du selwer gäre virun dengem Studium op der Uni Freiburg gewosst häss, an eisen zukünftege Student*inne wëlls matdeelen?

Am Studium gëtt een ëmmer an d'kaalt Waasser gehäit, dat ass einfach esou an do kënnt een net ronderëm. Mee am Nachhinein hätt ech heiansdo gäre gewosst, wéi stresseg dee Modulsystem ass. Oft huet een d'Gefill, dass d'Wëssen net fundéiert gëtt, ma relativ iwwerflächlech bleift. A mengem Bachelor Studium hunn ech geléiert wéi wichteg et ass fir d'Studienverlaufspläng ze liesen an d'Modulhandbicher ze studéieren iert een sech bewerbt. Ech wosst, dass de Modulsystem stresseg wier an ha mech doropper agelooss well mir Freiburg extrem gefall huet an d'Uni e gudderuff am Forst-Beräich huet. An déi aner Unien, op deene Forstwëssenschafte ugebuede gi, si méi wäit fort.



PSYCHOLOGIE

JONNA KRIER

Studiert **Psychologie** an der
Albert-Ludwigs-Universität.



Bewerbung: Fir an Däitschland kënne Psychologie ze studéiere, brauch een en zimmlech héijen Numerus Clausus. Ob der Uni zu Freiburg leit den NC ongeféier bei 1.2, wat an eise Lëtzebuergesche System enger Note tëscht 48 a 50 entsprécht. Och wann een den NC net direkt huet, kann een duerch en Nachrückverfahren nach eng Platz ob der Uni kréien. Den NC kann natierlech all Joers variéieren.

Studium: Am Studium ginn dräi grouss Beräicher a Form vu Virlesungen oder Seminarer behandelt:

1. Grundlagenfächer:
 - a. Sozialpsychologie
 - b. Biologische Psychologie
 - c. Allgemeine Psychologie
 - d. Entwicklungspsychologie
 - e. Differentielle Psychologie
 - f. Grundlagen der Pharmakologie
 - g. Kognitiv-affektive Neuropsychologie
2. Methodenfächer:
 - a. Einführung in die Psychologie
 - b. Deskriptive Statistik und Wahrscheinlichkeitstheorie
 - c. Inferenzstatistik
 - d. Planung und Durchführung wissenschaftlicher Studien
 - e. Forschungsorientiertes Praktikum
3. Anwendungsfächer:
 - a. Testtheorie und psychologische Diagnostik
 - b. Diagnostische Methoden und Gesprächsführung
 - c. Störungslehre
 - d. Pädagogische Psychologie
 - e. Wirtschaftspsychologie
 - f. Grundlagen der Pädagogik für die Psychotherapie
 - g. Verfahrenslehre, Prävention und Rehabilitation

D'Fächer ginn all op Däitsch gehalen, an niewent de Virlesungen a Seminarer muss een och e Stage vun 240 Stonnen an engem psychologeschen Domaine maachen. De Studium enthält vill Statistik, wat ee vläit op den éischte Bléck ofschrecke kéint. Mee et ass op alle Fall machbar, well ech si selwer ëmmer schlecht an der Mathé gewiescht, mee ech hunn de Bachelor trotzdem gepackt.

Wat och nach speziell um Bachelor an der Psychologie ass, ass dass een am Laf vu sengem Bachelor „Versuchsteilnehmerstunden“ sammele muss. Dat si Stonnen, déi een domat verbréngt u Studie vun der Uni oder anere Studenten deel ze huelen. Doduerch gesäit ee selwer, wéi et ass duerno selwer Studien duerchzeféieren a wéi e Participant sech fillt, wann en un enger Studie deel hält. Gläichzäiteg ass et och gutt, fir dass ee wann ee selwer fir seng Bacheloraarbecht Leit braucht, ee mei schnell Kandidate fënnt.

Perspektiven: Mat engem Bachelor of Science an der Psychologie kann ee leider nach net vill ufänken. Fir sech kënnen Psycholog*in ze nenne muss een nach e Master maachen. Fir de Master gëtt et a ganz Däitschland och erëm e bestëmmten NC. Ech maachen am Moment mäi „Master of Science in Psychology“ op der Albert-Ludwigs-Universität zu Freiburg. Niewent mengem Master gëtt et och nach den neie Master of Science "Psychologie: Klinische Psychologie und Psychotherapie". De Master ass nei, well an Däitschland en neit Therapeutengesetz agefouert gouf. Duerch dat Gesetz brauch een elo den neie Master, fir kënnen an Däitschland als Therapeut*in ze schaffen. De Master den ech maachen, ass en allgemenge Master de sech mat 6 Haaptthemen beschäftegt:

1. Kognitive Neuropsychologie
2. Lernen und Lernen fördern
3. Kognition und Handlung
4. Wirtschaftspsychologie
5. Höhere kognitive Prozesse
6. Nachhaltigkeit und Kommunikation

Niewent deene Fächer ginn et och diagnostesch a forschungsorientéiert Fächer. De Master ass e bësse mei wëssenschaftlech ugehaucht ewéi de klinesch Master a besteet greisten Deels aus Virlesungen a Seminarer, déi entweder op Englesch oder Däitsch gehale ginn. Wei och beim Bachelor muss een am Master och e Stage vun 300 Stonnen an engem psychologeschen Domaine maachen. De Klinesch Master ass ënnerdeelt an dräi Beräicher:

1. Methodenfelder
 - a. Vertiefte Forschungsmethodik
 - b. Wissenschaftliche Vertiefung psychologischer Grundlagen
 - c. Vertiefte psychologische Diagnostik und Begutachtung
2. Störungs- und Verfahrenslehre der Psychotherapie
 - a. Spezielle Störungs- und Verfahrenslehre der Psychotherapie
 - b. Dokumentation, Evaluierung und Organisation von psychotherapeutischen Behandlungen
 - c. Forschungsorientiertes Praktikum – Psychotherapieforschung
 - d. Angewandte Psychotherapie
3. Berufsqualifizierende Tätigkeit
 - a. vertiefte Praxis der Psychotherapie und Selbstreflexion
 - b. angewandte Praxis der Psychotherapie

Deen heite Master riicht sech wéi gesot un déi Leit, déi sech fir de Beruff vum Psychotherapeut interesséieren.

Fazit: Insgesamt ass e Psychologie Studium interessant, fir déi Leit, déi sech fir dat mënschlech Verhalen interesséieren oder och spéiderhin an engem sozialen Domaine schaffen wëllen. Et muss een awer am Voraus wëssen dass et e komplexer Studiengang ass an ee vill Zäit an Energie era stieche muss. Mee et ass awer och e ganz flotte Studiengang wou ee vill iwwert de Mënsch bäileiere kann.



FAQ vun zukünftege Student*innen



Als zukünfteg*e Student*in stellst ee sech esou munch Froen. Mir wëssen aus Erfahrung, dass d'Mass vun Informatiounen, déi engem bei der Sich vum richtige Studium iwwert de Wee leeft een heiansdo erschléit an ee vu Villem veronsécheret gëtt. An awer ass et keng Hexerei! Hei beäntworte mir iech déi Froen, déi iech ënnert den Neel brennen. Wann der nach weider Froen hutt, zéckt net eis déi um Student fir 1 Dag oder op der Studentefoire perséinlech ze stellen. Dir kënnt eis och bei aneren Occasiounen uschwätzen oder einfach uschreiwen!



BEWERBUNG FIR D'UNI FREIBURG

KANN ECH MECH FIR MÉI FÄCHER BEWERBEN?

Jo, dat ass méiglech. Mä opgepasst, hei ginn et Aschränkungen: Du kannst dech bei zulassungsbeschränkte Fächer maximal op 3 bewerben. Bei zulassungsfräie Fächer gëtt et keng Grenz.

KANN ECH NACH ËNNERLAGEN NO DER BEWERBUNGSFRIST ERASCHÉCKEN?

Nee, dat geet leider net. Et gëtt näischt méi berécksiichtegt, wat s du no der Frist eraschécks. Dat gëllt net, wann s du dech op ee méi héicht Semester bewerbs. Hei gëtt et eng sougenannten Nachreichfrist. Méi dozou fënns du um Site vum Service Center Studium vun der Uni Freiburg.

WÉINI KRÉIEN ECH ENG ZOUSO RESPEKTIV ENG OFSO?

Dat dauert op der Uni Freiburg leider e bësse méi laang. Fir d'Wantersemester kriss du ab Mëtt August Bescheid gesot. Wéini dass du dech dann immatrikuléiere kannst, fënns de um Site an op demgem Zulassungsbescheid.

ECH HUNN NËMMEN ENG ZOUSO FIR MÄIN HAAPTFACH, AWER NET FIR MÄIN NIEWEFACH. KANN ECH MECH DANN TROTZDEEM ASCHREIWEN?

Nee, dat geet net. Du muss eng vollständneg Studiengangskombinatioun hunn. Mä hei kannst de dir noutfallméisseg een zouloossungsfräit Niefach eraussichen, fir dat een normalerweis ugeholl gëtt, an dech dann no der Bewerbung mat deem immatrikuléieren. Wann et dir guer net gefält, kannst du natierlech och zu engem spéidere Semester d'Niefach wiesselen.

WÉI MELLE ECH MECH FIR DAT ZWEET SEMESTER UN?

Dofir muss du just de Semesterbeitrag bezuelen, dat geet entweder iwwer d'Plattform, déi d'Uni benotzt oder einfach per Iwwerweisung. Mä opgepasst, et gi Fristen:

- fir d' Wantersemester: 01. Juni bis 15. August
- fir d' Summersemester: 15. Januar bis 15. Februar

Méi dozou fënns du, wann s du "Rückmeldung Uni Freiburg" googles.

WÉI VILL ASS DE WORKLOAD WIERKLECH?

Dat hänkt ganz vum Studium of. Een ECTS ass mat ongeféier 30 Aarbechtsstonne gerechent, mee dat ass nëmmen zum Deel realistesch, et sinn der oft manner. Dat hänkt natierlech dovunner of, wéi vill een sech an engem Fach investéiere wëll an ob de Proff de Workload vun deenen 30 Stonne richteg abschätze kann. Summa summarum kann ee soen, dass een sech an dem enge Fach méi muss druginn, wéi an dem aneren.

WÉI LAFEN D'COURSE KONKRET OF?

Dat hänkt vun der Aart vum Cours of. Et gëtt engersäits Virlesungen, dat ass am Normalfall keng Pflichtveranstaltung, dat heescht du muss net dohinner goen. Dat läit dir fräi. (Et hëlleft awer heiansdo bei der Prüfungsvorbereitung, d'Themen eng kéier héieren ze hunn.) Tutorater gi meeschtens vu Student*inne gefouert, déi d'Virlesung oder d'Seminar rekapituléieren an d'Saache mat de Student*innen üben. Och wann en Tutorat net ëmmer Pflicht ass, ass et wierklech ze recommandéieren, well een dee ganze Stoff esou besser versteet an een automatesch bäiléiert. Déi Student*inne stinn och ëmmer fir Froen zur Verfügung.

(Praktesch) Übung

An der Übung ginn Aufgaben zesumme geübt a geléist! Übungen ginn dacks an de Virlesungen ausgedeelt, vun deenen e puer doheim an e puer an der Übung diskutéiert ginn. D'Ziel vun de Participanten un der Übung ass limitéiert, fir datt d'Studenten eng gutt Betreuung kréien. D'Übung gëtt normalerweis nieft engem Virtrag oder Seminar ugebueden.

Tutorater huelen an den Humanwëssenschaften eng änlech Funktioun an. Seminarer si meeschtens a méi kleng Gruppen a méi perséinlech mam Proff. Dat si meeschtens Pflichtveranstaltungen, wou d'Presenze geholl ginn. A Seminarer gëtt normalerweis e Stoff (z.B. Texter diskutéiert, deen een virdru virbereede sollt.

Projekter si Fächer wou een an enger klenger Grupp eppes muss ausschaffe wou een awer deelweis vun engem Proff begleitet gëtt a Presenzpflicht herrscht. Et muss een do si fir ze bestoen.

WÉI ASS D'BEZÉIUNG TËSCHENT DOZENT A STUDENT?

Dat hänkt ganz vill vum Proff an deem sengem Charakter of. Virun allem an deene Fächer wou een zu manner ass, wéi zum Beispill an de Seminarer, sinn d'Proffe méi "nahbar". Vill Proffen hu Freed drun hier Leidenschaft fir hire Fachberäich un d'Student*inne weider ze ginn an diskutéiere gäre mat engem. Anerer si ganz reservéiert a wëllen näischt mat hire Studis ze dinn hunn. Et ass e bësse wéi am Lycée: et ginn déi gutt Proffen, déi gäre Léieren, an déi déi dat just maache well se soss net fuerschen dierfen.

WOU FANNEN ECH KONKRET INFORMATIOUNEN ZU DEN EENZELE STUDIEGÄNG?

Informatione fënnt een op ville méigleche Plazen. Natierlech ass den Internetsite vun der Universitéit eng ganz wichteg Quell. Hei sollt ee virun allem de Studienverlaufsplan/ Curriculum an d'Modulhandbuch ganz genau ënnert d'Lupp huelen! Vill Unien hu méttlerweil och well Videoen/ aner Werbemethode fir hier Studiegäng ze promoten. Och Student*innen, déi mat deem spezifesche Studiegang amgaange sinn, sinn eng qualitativ wäertvoll Quell, well si e realistesch Bild ofgi kënnen. Aner Informatiounen kann een am Internet oder a Broschüre fannen.

WÉI VERGLÄICHEN ECH D'STUDIEGÄNG AM BESCHTEN?

Beim Sichen an dem Vergläiche vun de Studiegäng ass et wichteg, op der Internetsäit vum Studiegang, de Studienverlaufsplan oder Curriculum an d'Modulhandbuch ze liesen. De Studienverlaufsplan ass eng Tabell, an där déi eenzel Fächer no Semester an ECTS-Valeur opgelëscht sinn. An deem Plang gëtt virgeschloe wat fir eng Fächer een a wéinegem Semester sollt maachen. Am Modulhandbuch sinn all d'Flicht- a Wahlflichtfächer opgelëscht a genau beschriwwen ëm wat et an engem Fach geet, wéi ee Proff dat ubitt, d'ECTS-Unzuel an d'Form vun der Prüfungsleistung. All Uni baut hier Studiegäng bëssen anescht op, dofir muss ee genau kucken wéi eng Fächerzesummstellung engem am beschte gefält a wou am mannste Fächer sinn, déi ee lo net esou gäre mécht (där sinn ëmmer drënner). Oft kritt een duerch d'Modulhandbuch awer net wierklech e Gefill, wéi interessant e Cours ass. Dat gesäit ee meeschtens réischt an der Veranstaltung selwer.

OP WÉI ENG SPROOCH WÉLL ECH STUDÉIEREN?

Fir déi meescht ass dat déi Sprooch, déi engem am liichtste fält. Hei muss een awer oppassen, dass dat net den éischte Critère ass, deen ee soll berécksiichtegen. Déi ënnerschiddlech Länner hunn ënnerschiddlech Universitéitssystemer. Jo, et muss een e gewëssen Niveau hunn, fir dass een an dëser Sprooch studéiere ka, mee Sprooch léiere sech ganz séier, wann een se benotze muss. Zu Freiburg ginn am Bachelor nëmmen Däitsch Studiegäng ugebueden. Am Master ginn et dann awer och Englesch Studiegäng.

KANN ECH DE STUDIEGANG, DEEN ECH ENVISAGÉIERE MAT MENGE KAPAZITÉITE PACKEN?

An der Reegel sinn éischter d'Feele vu Motivatioun, dat falscht Fach a Fläiss de Grond, firwat ee säi Studium ofbrécht. Mat enger Première aus Lëtzebuerg ass ee besser wéi déi allermeeschte Kommilitonen op säi Studium virbereet.

WÄERT DEE STUDIUM DEEN ECH MIR AUSSICHE MIR OCH GEFALEN?

Wichteg ass, dass ee sech gutt informéiert. Wann ee ka bei engem/enger Student*in nofroen, wéi de Studium wierklech ass, da soll een dat maachen. Och Eventer wéi de Student fir 1 Dag oder d'Foire de l'Etudiant si gutt Occasiounen fir un Infoen ze kommen. Falls een elo selwer kee kennt, deen dat Fach studéiert, kann ee bei de Lëtzebuerger Studenteceren (zu Freiburg de SLUF) nofroen. Si ginn de Kontakt dann un déi richteg Uspriechpartner weider. Leider gëtt et ni eng honnertprozenteg Sécherheet, dass de Studium dir och gefält. Mä keng Angscht, vill Student*innen wiesselen hiert Fach nom éischte Semester.

Dat ass guer net schlëmm, mä dréit zum Prozess bäi, dass du weess wat s du wëlls. E Joer an deem ee gewiesselt huet ass ni verluer, et huet een awer ganz vill geléiert (ënner anerem de Frigo selwer fëllen a kucken, dass eppes op den Dësch kënnt)!

ASS DAT WAT ECH WÉLL STUDÉIERE GOEN DE RICHTIGE STUDIEGANG FIR MECH?

Wichtig ass, rauszufannen, wat genau an dem Studiegang gemaach gëtt. Sech informéieren ass den A an den O. D'Uni bitt och Orientéierungstests un, déi ee maache kann. Et kann een awer och an eng gratis Berodung goen. Informatiounen heizou sinn um Site vun der Uni ze fannen.

MAT WÉI ENGE STUDIE KANN EE WÉI ENG BERUFFER MAACHEN?

Während dem Studium huet een entweder e kloert Zil virum den Aen oder nach puer Zweifel, wat een da lo wierklech wëll maachen. Och do bitt de Studium bëssen Hëllef vue dass ee jee no Studium e puer Praktika maache muss. Och wann et net am Studienverlaufsplan virgesinn ass, kanns du natierlech gäre Stage maachen. Eng aner Offer, déi d'Uni bitt an déi een an de meeschte Fächer och maache muss sinn d'BOK Coursen. Hei kann ee Coursë beleeën, déi engem Kompetenze fir verschidde Berufsfelder solle mat op de Wee ginn. Ee Beispill ass de Lektorat-Cours, bei deem s du verschidde Kompetenzen erléiers fir e spezifesch Beruff, an deem der och éischt Abléck gëtt. Mä och am Thema Beruff bitt d'Uni Berodungen a Veranstaltungen un.



(IWWER)LIEWEN

WÉI LIICHT KËNNT EEN AN D'STUDENTELIEWEN ERA BZW WÉI LIICHT LÉIERT EE LEIT KENNEN?

An Däitschland gëtt et virum eigentleche Studistart eng sougenannten Erstiwoch. Déi ass am Fong och dofir geduecht fir seng Kommiliton*inne kennen ze léieren. Déi sollt een op alle Fall matmaachen. Och Gruppenaarbechte kënnen dozou bäidroen nei Leit kennen ze léieren. Ee Cercle ass och eng Méiglechkeet fir nei Leit kennen ze léieren. De SLUF ass esou e Cercle, allerdéngs just fir Lëtzebuerger*innen. Op der Uni ginn et awer och Fachschaften, also Cerclen fir déi spezifesch Studiegäng.

WÉI KOMMEN ECH UN ENG GUTT WUNNENG?

Dat ass oft mat Chance a vill siche verbonnen. Meeschtens mécht ee gutt Affäre wann een ee kennt, deem ee kennt, deem aus senger Wunneng rausplënnert. D'Cerclen hunn oft Gruppen, déi fir d'Wunnengssich gemaach sinn. Do schued et net, emol eranzekucken. Als Tipp kënne mir och déi lokal Zeitungen nennen, wou oft Annoncen drastinn. Soss bitt och d' Studierendennetz (SWFR) Zëmmeren un. Wann s du guer näischt solls fannen, bidde si och eng Notfallunterkunft un.

FILLEN ECH MECH AN DER NEIER STAD WUEL?

De Student fir een Dag ass eng wonnerbar Geleenheet fir dat erauszefannen. Et ass och net schlecht, sech seng zukünfteg Studentestad eng kéier virum Studium ukucken ze goen. Zu Freiburg kann ee mat grousser Warscheinlechkeet soen: Jo! Et ass eng

schéi Stad, déi net ze grouss ass, d'Klima bekënnt engem gutt, virun allem déi vill Sonn an et gi vill Mëglechkeeten seng Fräizäit ze gestalten. Ausserdeem sinn d'Freiburger*inne frëndlech an oppen.

A WÉI ENGER STAD WÉLL ECH STUDÉIEREN?

Et ass wichteg, dass du der e Studium raussichs, deen dir gefällt. Wann s du deen a puer Stied ugebuede kriss, kënnen mir Visite vun de Stied recommandéieren. Och hei kanns du déi ënnerschiddlech Cercle kontaktéiere fir éischt Andréck ze kréien. Et ass nämlech och wichteg, dat een sech a senger Unisstad wuelfillt an och vum Studenteliewe profitéiere kann.

WÉI WÄIT WÉLL ECH FORT VUN DOHEEM?

Dat ass natierlech eng perséinlech Fro. Mir hei zu Freiburg kënnen all eng Distanz vun 3-4 Autosstonnen nëmme recommandéiere vu datt ee wäit genuch fort ass vun Doheim fir selbststänneg ze ginn an awer och no genuch fir mol spontan e Weekend op Lëtzebuerg ze fueren. D'Fro, ob ee wëll Weekends heem komme steet bei villen och am Raum. Déi léisst sech einfach beäntweren. Komm Heem wann et der dono ass, du muss jo net all Woch hin an hier fueren, dat ass stresseg, deier an et verléiert ee vill Zäit. Et huet ee vu béide Welten ëmmer nëmme d'Hallschent. Stell der d'Fro, ob s du Doheim Verpflichtungen hues, zum Beispill wann s du an engem Veräi bass, bei deem s du no der Uniszeit och nach wëlls aktiv sinn. Vill Frëndschaften aus der Lycéeszeit wäerten sech verléieren an et gesäit een sech just nach zoufällg. Dat ass ganz normal, dofir fënnt een op der Uni nei Frënn.

GEËTT ET ENG GROUSS ËMSTELLUNG ODER LIEFT EEN SECH SÉIER AN?

Et ass sécher net wéi Doheim. Et muss ee léieren alles selwer ze maachen an et ass keen do, den ëmmer hannert engem ass. Dat bréng engersäits vill Fräiheeten an anerersäits och Responsabilitéit mat sech. Déi meescht ginn awer relativ séier eens. Wat hëllef, ass wann ee Kolleegen huet, déi engem hëllefen oder mat deenen ee ka schwätzen, wann et mol net sou geet wéi een et gären hätt. Direkt nom éischte Semester mierks du wéi vill s du fir d' Liewe geléiert hues.

SUE SI KNAPP, WÉI KOMMEN ECH BËLLEG U GESOND IESSEN?

Vegetaresch ass an der Reegel manner deier. Et lount sech och op de Maart ze goen. Do kritt een d'Geméis oft méi bëlleg wéi am Buttek. Ausserdeem kritt een do regional a saisonal Produiten ze kafen. D'Mensa ass och eng käschtegëschteg Alternativ wou een och vegetaresch Platen kritt. Deen Däitsche Cactus heescht entweder Rewe, Edeka oder Kaufland. Bei den Discounter kommen dann nach Aldi, Lidl, Netto a Penny dobäi. Wann ee sech heiansdo e bësse méi gënne wëll, kann een natierlech och kucke fir e Studentenjob ze fannen, egal op an engem Buttek, Café oder op der Uni selwer.

WEI GUTT ASS DE LOKALE BÉIER?

Zu Freiburg huet een do ee ganz grouse Choix, do ass fir jiddereen eppes dobäi. D'Haaptmarke si Rothaus, Waldhaus, Ganter a Fürstenberg.

INSIDERTIPPS



INSTIDERTIPPS

- Eng Virstellung am Planetarium sollt een sech net entgoe loossen! Student*inne bezuele just 6€.
- An der Hausbrauerei Feierling kann een de Béier am 2-Liter-Krou kafen.
- An der Brennessel kriss du all Dag vun 18h-19h30 Spaghetti Bolognese oder Napoli (V) fir 5,20€.
- Den héchste Bam aus ganz Däitschland steet zu Freiburg am Mühlwald an ass mam Tram 2 z'erreechen!
- Mat der "Too Good To Go" App kriss du bëlleg lessen, wat d'Butteker soss misste fortgeheien. Domat méchs du net nëmme eppes Guddes géint d'essensverschwendung, mee du kriss och vill lecker Saache ganz bëlleg.
- Nieft dem Unisport hu mir ënnert de Lëtzebuerger*innen eng helle Wull u Sportsgruppen (Spikeball, Badminton, Fussball, etc.) fir zesumme spillen ze goen. Hei heescht et: just for fun!
- E ganz schéine Chrëschtmaart gött et am Wanter all Joers an der Ravennaschlucht.
- Während dem Semester fënnt am T.I.K. all Dënschden e Béierpong-Tournoi statt.
- Schéi Vuen iwwer Freiburg huet ee vum Schlossberg oder vun der Hebsackwiese.
- Fir e flotten Dagesausflug eegent sech de Mundenhof. Den Entrée ass fräi.
- Bluttspende goe kanns du an der Uniklinik. Domat méchs du net nëmme eppes Guddes, mee du kriss och all Kéiers 25€ als zousätzlech Motivatioun.
- Student*inne kréien am Timeout 10% Rabatt op lessen a Gedrénks, wa si d'Studentekaart virun der Bestellung weisen.
- Freiburg ass Risikogebitt fir d'Zeckekrankheet FSME an dowéinst ass den Impfstoff hei gratis. Zu Lëtzebuerg kascht en dogéint ronn 35€.
- Bei d'Kaiserin gees du am beschte Sonndes brunchen, well dann hu si en extra Brunchmenu.
- Déi leckerste Falafel kriss du beim Amara.
- Ideal fir sech am Summer ofzekillen ass de Flückigersee am Seepark, d'Dreisam, den Opfinger See oder den Dietenbachsee.
- An den Uni-Mensen kriss du net nëmme lecker, mee och bëlleg z'essen. Falls du net wëlls eleng goen, dann join eis Mensagrupp op WhatsApp.





10 COOL BAREN A CAFÉEN AN DEENEN EE MUSS GEWIESCHT SINN

- Cheers – An d. Mehlwaage 8
- Schlappen – Löwenstraße 2
- Schwarzer Kater – Bertoldstraße 26
- O'Kellys – Milchstraße 1
- Shooter Stars – Niemensstraße 13
- Feierling – Gerberau 46
- T.I.K. – Sundgaullee 36
- Sedan Eck – Moltkestraße 30
- Schachtel – Adelhauser Str. 7
- Oscar Wilde's Irish Pub &Café – Humboldtstraße 2-4



5 RESTAURANTE FIR SPUERSAM STUDENT*INNEN

- Euphrat – Niemensstraße 13, <https://euphrat.com/>
- Brennessel – Eschholzstraße 17, <http://www.brennessel-freiburg.de/>
- Veggie Liebe – Moltkestraße 3, <https://veggie-liebe.eatbu.com/>
- Cafe Atlantik – Schwabentorring 7, <https://www.cafe-atlantik.de/>
- Markthalle – Grünwälderstraße 4, <https://www.markthalle-freiburg.de/>





5 RESTAURANTE FIR MAT DEN ELTEREN

- **Restaurant & Weinstube Heiliggeist Stüble** – Münsterplatz 15; <http://www.heiliggeist-stueble-freiburg.de/>
- **Restaurant Lichtblick** – Konviktstraße 41; <https://www.lichtblick-freiburg.de/>
- **Das Kartoffelhaus** – Basler Str. 10, <https://www.daskartoffelhaus.de/>
- **Drexlers** – Rosastraße 9, <http://www.drexlers-restaurant.de/>
- **Wolfshöhle** – Konviktstraße 8; <http://www.wolfshoehle-freiburg.de/>



5 FLOTT PLAZE FIR ZE BRUNCHEN

- **SamS Café** – Münsterplatz 11; <https://sams-freiburg.de/>
- **Manna** – Salzstr, Augustinerpl. 28; <http://www.manna-die-spezerei.de/>
- **Extrablatt** – Schreiberstraße 1; <https://cafe-extrablatt.de/standorte/details/cafe-extrablatt-freiburg>
- **Timeout** – Talstraße 9; <http://www.timeout-freiburg.de/>
- **Die Kaiserin am Güterbahnhof** – Ingeborg-Krummer-Schroth-Straße 31; <https://www.diekaiserin.jetzt/>







10

LIEWEN ZU FREIBURG

A. 10 SAACHEN, DÉI EEN ONBEDÉNGT ZU FREIBURG MUSS GEMAACH HUN

Du bass op der Uni ageschriwwen, hues den Wunneng
agericht a frees dech elo, wat s du zu Freiburg
onbedéngt muss maache, fir dech wéi ee waschechte
Freiburger ze fillen?

1. SECH EE VELO USCHAFEN

Schnell wärts du feststellen, dass e richtege Freiburger e Vëlo brauch. Di gréng Stad léisst sech am beschte mam Drotiesel entdecken an och am Alldag kënns du mam Vëlo am séierste vun A op B. Well de Vëlo dat beléiftste Fortbewegungsmëttel ënnert de Freiburger*innen ass, sinn d'Vëlosweer gutt ausgebaut an du kënns sou am Beschte ronderëm de Stau. Däi Vëlo kanns du fir bëllegt Geld op der Fahrradversteigerung vun der Uni ersteen (ëmmer am ufank vum Wantersemester), op der Fahrradmesse oder ganz einfach Secondhand ergatteren. Zudeem bitt d'Stad de Frelö-Service un, deen änlech funktionéiert wéi vel'OH zu Lëtzebuerg.

Als Student*in vun der Uni Freiburg, der Musikhochschule, der PH oder der Hochschule Macromedia kanns du d'Frelöe praktesch komplett gratis benotzen. Op diverse Frelö-Stationne kanns de der e Vëlo gratis fir 30 Minutten léinen. Lued dir d'App "Nextbike" erof, mell dech mat denger Uni-Email un a lass!

2. ENG WANDERUNG UM SCHAUINSLAND

Den 1284 Meter héije Schauinsland ass den Hausbiert vu Freiburg an e beléift Ausfluchzil. Mat der Schauinslandbahn – déi iwwregens déi längste Kabinen-Umlauf-Bahn a ganz Däitschland ass – kanns du erop op de Biert fueren an op de Schauinslandturm wandern, wou's du eng wonnerschéi Vue op Freiburg an op d'Émgéigend hues. Mat denger Studentekaart kanns du natierlech méi bëlleg mat der Bunn fueren!

3. OP DE FELDBERG SKI FUEREN GOEN

En anert beléift Zil vun de Freiburger*innen ass de Feldberg! D'Éigend ass déi hechstgeleeën am ganze Schwarzwald, sou dass d'Leit sech am Wanter iwwert genuch Schnéi freeë kënnen. Fir all déi Skibegeeschtert ënnert de Studenten*innen ass dëst natierlech déi optimal Geleeënheet, fir mol erëm eng Kéier d'Brieder ënnert d'Schung ze schnallen a sech op deenen 32 Schipisten auszetoben. Déi, déi sech net op d'Ski trauen, kënnen op der Wanterhütt am Dezember bëssen Feldbergloft schnupperen a mam SLUF um Samschde bësse spadséiere goen. Am Summer kann een op de Feldbergturm wandern oder och en Tour mam mam Vëlo fueren.

4. RONDERËM DEN TITISEE/ SCHLUCHSEE TRËPPELEN

Den Titisee ass och en immens beléift Ausfluchzil an der Géigend. Virun allem am Summer zitt hie vill Gäscht un. Wann d'Famill mol op Besuch ass, bitt et sech un eng Wanderung ëm de Séi ze ënnerrhuelen oder eng Seerundfahrt ze maachen an d'Natur ze genéissen! Bei schlechtem Wieder oder am Wanter kann ee säin Dag am Badeparadis verbréngen an e puer Cocktails schlürfen, de Spa-Beräich entdecken oder rutsche goen.

Och de Schluchsee – de gréisste Séi am Schwarzwald – zitt vill Tourist*innen un an ass eiser Meenung no e gutt Stéck méi schéi wéi den Titisee. Vun Freiburg aus fiert een nëmme gutt 50–60 Minutten a schonn ass een am Hochschwarzwald. Virun allem fir e Segeltour bitt sech de Schluchsee un, awer och bei de Waasserraten ass hie beléift.



Bildquelle: LIS GEISEN

Schauinsland / Bildquelle: LIS GEISEN



Titisee / Bildquelle: LIS GEISEN



5. E BÉIER AM BIERGARTEN DRÉNKEN

Fir all d'Béierfrënn ass en Abstecher am Biergarten e Muss! Am Summer kanns du dech am Feierling sengem Biergarten mat engem hausgemaachene Béier entspannen an hir Hausmannskascht genéissen. Oder du rous dech no dengem ustrengende Wee op de Schlossberg am Biergarten um Schlossberg aus.

6. DE MAART UM MÜNSTERPLATZ

De Freiburger Münstermarkt, deen all Dag vu 7.30 – 13.30 a samschdes vu 7.30–14.00 stattfënt, ass warscheinlech déi nohaltegt a regionaalste Plaz, op därus de kanns akafe goen! Landwirt*innen, déi aus dem ganzen Dreisamtal heihikommen, bidde frëscht Uebst a Geméis un, jee nodeems wat d'Saison hiergëtt, awer och Handwierker*innen bidden do hier Konschtwierker un. An op alle Fall muss all Student*in eng Kéier de Stefans Käsekuchen vum Münstermaart gëss hunn!

7. ENG LANGE ROTE UM MÜNSTERPLATZ IESSEN

D'Lange Rote ass wuel dat knackegste Wahrzeeche vu Freiburg! D'Wurscht ass 35 cm laang a – wéi de Numm et schonns seet – rout. 7 Stänn bidden di traditionell Grillwurscht un, awer sief mat Zäit u, well Mëttes steet ee scho mol gär an der Schlaang fir déi beléifte Wurscht ze kréien! Geheimtipp: E richteg Freiburger Bobbele ässt seng Lange Rote ëmmer am ganze Stéck, wann s du se an der Mëtt knécks, gëss du dech als Tourist ze erkennen.

8. E SPADSÉIERGANG DUERCH D'ALSTADT

Klénge banal, ass awer ëmmer erëm wonnerschéin. No engem stressegem Unisdag ass et entspannend en klengen Tierchen duerch déi verwéckelt Gaassen ze maachen, an déi léif kleng Geschäfte eranzeluussen oder de „blauer Regen“ an der Konviktstraße ze bewonneren.

9. AN DE SEEPARK SCHWAMME GOEN

Schnell wäerts du mierken, dass sech d'Liewen zu Freiburg am Fréijoer an am Summer dobaussen ofspilt. An wat gëtt et dann och Besseres, no engem ustrengenden Dag op der Uni d'Séil an der frëscher Loft am Seepark baumelen ze loossen?! Hei kanns du mat denge Kollege grillen, chillen, a Spikeball spillen. Spikeball ass ee beléiftent Spill ënnert den Student*innen, wat aus der Freiburger Parklandschaft net méi wechzedenden ass.

10. BIRKENSTOCK KAFE GOEN

Näischt seet méi iwwert d'Freiburger aus wéi hiert Schongwierk! Et gehéiert wuel zum gudden Toun – soubal déi éischt Sonnestrale luusse komme – Birkenstocks auszepaken. Wëll een sech de Freiburger Bobbele upassen, dann dierfen déi sécherlech net feelen.



Bildquelle: <https://visit.freiburg.de/attraktionen/muenstermarkt-freiburg>



Alstaat / Bildquelle: LIS GEISEN



Alstaat / Bildquelle: LIS GEISEN

B. SC FREIBURG - „TIEF IM SÜDEN...”

„SC Freiburg vor, immer wieder vor!“, dat sangen dausende vu Fans op der Südtribün wann am Europa-Park-Stadion d'Spiller vum Sport-Club Freiburg mol erëm eng Kéier hiert Beschtt ginn de Match ze wannen. Net seele fënnt een ënnert deene ville Fans och Lëtzebuerger Studenten, déi sech alt mol erëm eng Kéier ee Studententicket fir eng Stéiplaz ergattert hunn. Souwuel fir Fussballfrënn a leidenschaftlech SC-Fans, mee och fir déi manner Fussballsbegeistert suert eleng schonn déi gutt Stëmmung am Stadion fir eng eemoleg Erfahrung!

Du bass nei zu Freiburg an interesséiers dech fir Fussball respektiv fir den SC Freiburg? Ma dann ass dësen Artikel genau dat richtegt fir dech! Hei fënns du déi wichtegst Fakten zum beschte Fussballveräin aus der Schwarzwaldmetropol.

De Sport-Club Freiburg gouf den 30. Mee 1904 gegrënnt. D' Veräinsfaarwen si wäiss a rout an hiert Wopen ass op der lénksere Säit mat engem Greifekapp an op der rietser Säit mam Kierzel „SCF“ verséiert. D'Härenequipe vum SC Freiburg spillt zanter der Saison 2016/2017 och erëm an der éischter Bundesliga. Dësen Erfolleg wier awer ouni hire super Trainer, de Julian Schuster, deen als Spiller vun 2008 bis 2018 d'Faarwe vum SCF gedroen huet, net méiglech gewiescht.

Du wëlls gär méi iwwert de Veräin an seng Geschicht léieren? Dann kuck emol op hirer Internetsäit. Héi fënns du all déi néideg Fakten zum SC Freiburg:

<https://www.scfreiburg.com>

Mee wou spillt den SC Freiburg dann iwwerhaupt hir Matcher aus? Do wier mol eisen Europa-Park-Stadion, an deem d'Matcher vun der éischter Bundesliga gespillt ginn. Fréier goufen d'Matcher am Dreisamstadion gespillt. Dëse Stadion mat enger Kapazitéit vu 24.000 Plazen läit a Waldsee, direkt un der Dreisam, an ass ganz licht mam Vëlo oder mat der Tramslinn 1 ze erreechen. Och wann de Stadion vu baussen net onbedéngt spektakulär ausgesäit, huet hien awer säi Charme. Vun der Nordtribün aus kanns du nämlech net nëmmen ee flotte Fussballmatch kucken, mee och de Schwarzwald am Hannergrond betruechten. Virun allem huet dëse Stadion eng Besonneschkeet: Den Terrain ass net ganz riicht. Tëscht deenen zwee Goaler ass een Héichtenënnerschied vun engem Meter. Jo, bei eis hei zu Freiburg lafen d'Fussballspiller um Terrain biergop a biergof! Dëst ass awer ënnert anerem och de Grund, firwat den SC Freiburg zanter der Saison 2020/21 am Europa-Park-Stadion spille wäert. Dëse léisst 34.700 Zuschauer zou an ass dat neit Doheem vun der Härenequipe ginn. D'Anlag läit direkt nieft dem Flugplatz Freiburg.

An? Hues du méttlerweil Loscht krut, eemol ee Match vum SC Freiburg kucken ze goen? Tickets fir all Heemspill kanns du der ganz einfach op hirer Internetsäit kafen. Hei kritt ee souwuel Sëtz- wéi och Stéiplazen. Als Student kriss du natierlech och eng kleng Ermäseggung op däin Ticket! Klenge dat net gutt? Wann s du awer sécher goe wëlls, dass du och wierklech een Ticket kriss an s du gär ëfters an de Stadion gees, lount et sech, eng Mitgliedschaft beim SC Freiburg unzefroen. Dann gëtt et och nach d'Dauerkaart, mat där s du all Match kanns kucke goen, ouni een Ticket mussen ze kafen.

Fir un esou eng ze kommen ass leider e gutt Stéck méi schwéier, well d'Unzuel limitéiert ass. Méi Infoen dozou fënns du och um Site vum SC Freiburg.

Wann s du dann elo dän Ticket hues fir dän éischte Match kucken ze goen, dierf der natierlech och kee schicken Accessoire an de Veräinsfaarwe vum SC Freiburg feelen! Ee coole Fanschal oder een Trikot kanns du ganz einfach an all hire Fanshops kafen, wouvun och een direkt am Europa-Park- bzw. Dreisamstadion läit. Dann gëtt et nach ee Fanshop zu Freiburg an der Rathausgasse an een Online-Fanshop.

Voilà, lo bass du prett fir dän éischten SC Freiburg-Match kucken ze goen. Engem flotten Nomëtten am Stadion steet just nach ee staarke Géigner am Wee!

C. KULTUR



THEATER / CONCERT

1. STADTTHEATER

Situéiert nieft der Universitätsbibliothék a vis-à-vis vum KG II, gehéiert de „Stadtheater“ zum Kär vun der Freiburger Altstadt. Ma net nëmmen d'Lag ass en absolute Plus. Den Theater bitt fir all Student*inne bis 29 Joer all Entrée fir 9€ un, egal ob Theater, Oper, Musical oder Concert. Fir jiddereen ass eppes derbäi an e flotten Owend ass garantéiert. Tickete kennen an der Kees oder online ënner folgendem Link kaf ginn: https://theater.freiburg.de/de_DE/home

2. WALLGRABENTHEATER

1953 gegrënnt, ass de „Wallgraben-theater“ an der Rathausgasse 5a deen eelste privaten Theater an Däitschland. Am Laf vun de Joren huet sech de Repertoire ëmmer erëm erneiert. Haut gi virun allem zäitgenëssesch Stécker opgefouert. Während de Summerméint fannen am Bannenhaff dann och Fräilichtspiller statt. Den Entrée läit jee no Veranstaltung tëscht 7€ a 35€. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://www.wallgraben-theater.com/>

3. KONZERTHAUS

D'„Konzerthaus“ gouf 1996 direkt vis-à-vis vum Hauptbahnhof gebaut an ass méttlerweile e beléiften Uert fir sech fir den „Harry Potter in Concert“ oder och emol fir e Sinfonie-Concert vum Joseph Haydn zesummenzefannen. Präisser variéiere jee no Veranstaltung. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link: <https://konzerthaus.freiburg.de/>



1. AUGUSTINERMUSEUM

Den „Augustinermuseum“ befénnt sech – wéi de Numm et scho seet – an der Klouschterkierch um Augustinerplatz. Mat der Bunn 1 Richtung Littenweiler gëtt een um Arrêt Oberlinden direkt virun der Dier erausgelooss. De Musée ass besonnesch interessant fir déijéineg, déi sech fir Konschtsammlunge vum Mëttelalter bis an de Barock, esou wéi fir d'Molerei aus dem 19. Joerhonnert begehrt kennen. Den Entrée ass fir Jonker ënner 27 Joer fräi. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://museen.freiburg.de/museen/am>

2. MUSERUM FÜR NEUE KUNST

Dëse Musée widmet sech virun allem der Konscht vum 20. an 21. Joerhonnert. Dorënner sinn dann och Konschtwierker vu renomméierte Kënschtler*inne vertrauten, wéi zum Beispill dem Otto Dix, dem Karl Hofer, dem August Macke oder awer dem Paula Modersohn-Becker. De Musée befénnt sich an der Marienstraße 10a, net weit vum Restaurant Sichelschmiede. Den Entrée ass fir Jonker ënner 27 Joer fräi. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://museen.freiburg.de/museen/mnk>

3. ARCHÄOLOGISCHES MUSEUM COLOMBISCHLÖSSE

D'Colombischlass, dat tëscht 1859 an 1861 gebaut ginn ass, ass net nëmme vu baussen e kleng Bléckfang, mee och bannestoppen sech „wahre Schätze“. D'Sammlung un archeologesche Fondstécker geet vun den eelste Konschtwierker aus Südbaden bis an d'Mëttelalter. D'Schlass befénnt sech tëscht dem Platz der Alten Synagoge an dem Fahnenbergplatz, direkt vis-à-vis vum Colombihotel. Den Entrée ass fir Jonker ënner 27 Joer fräi. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://museen.freiburg.de/museen/arco>

4. DOKUMENTATIONSZENTRUM NATIONALSOZIALISMUS

Dëse Musée ass eréischt 2025 opgaang a widmet sech der NS-Vergangenheet vun der Stad. Hei kritt een Abléck an d'Verfolgung an d'Resistenz ënnert dem NS-Regime. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://museen.freiburg.de/museen/dzns>

5. MUSEUM NATUR UND MENSCH

Dëse Musée widmet sech der Äerdgeschicht sou wéi der Entstehung an der Entwécklung vum Liewen, an ähelt soumat e bëssen dem Naturmusée zu Lëtzebuerg. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://museen.freiburg.de/museen/mnm>



1. HARMONIE, FRIEDRICHSBAU A KANDELHOF

Zu Freiburg liewendé meeschte Kinosgänger*innen a ganz Däitschland. Deementspriechend huet och de Kino e gewëssene Stellewäert an der Freiburger Gesellschaft an ass do och gutt vertrauten. Déi dräi Kinoen Harmonie, Friedrichsbau a Kandelhof gehéieren zum Lokalkolorit vu Freiburg. Dofir bekannt, dass si méi en usprochsvolle Kinosprogramm liwweren, kruten si dann och 2007 als éischt Kinoen an Däitschland den „Europa Cinemas Award“ verléint. De Kinosticket kascht fir Jonker ënner 25 Joer 7 bis 9€ je no Film. Weider Informatiounen fënnt een ënner folgendem Link:

<https://www.friedrichsbau-kino.de>

Zanter 2001 fënnt dann och am Kandelhof „die schwule Filmwoche“ statt. Et handelt sech heibäi em ee vun den eelste Schwulen-Festivals am däitschsproochege Raum. Am Summer bitt de Bedreier dann och en Fräilichtkino am „Schwarzen Kloster“ un. Tickete kritt een am Harmonie un der Kees oder online ze kafen. Den Entrée kascht 12€. Weider Informatiounen fënnt een hei:

<http://sommernachts-kino.de/informationen>

2. AKA FILMCLUB

Den „Akademischer Filmclub Freiburg“ op der Uni Freiburg ass an de 50er gegrënnt ginn an ass domadder e vun den eelsten a ganz Däitschland. De Club gëtt éierenamtlech vu Freiburger Student*inne bedriwwen a bitt säin eegene Programm u Filmer mat bis zu 5 Virstellungen an der Woch un. Sait dem Wintersemester 2019/2020 ginn d'Virstellunge wéinst de Renovierungsarbeiten am KG II, am Biologie-Hörsaal an der Schänzlerstraße 1 an Herdern ofgehalen. Am beschte fiert e en hei mat der Ligne 4 Richtung Zähringen a klemmt um Arrêt „Hauptstraße“ eraus. D'Memberskaart kascht pro Semester 3,50€ an all weidere Film deen een da kucke geet 1,50€. Snacks a Gedrénks kann een sech an der Oueskeess besuergen oder et bréngt een sech säin eegent einfach mat. De Kinosprogramm a weider Infoe fënnt een ënnert folgendem Link:

<http://aka-filmclub.de/>

3. CINEMAXX

Wien et da gären e bëssi méi „mainstream“ huet, deen ass am Cinemaxx genau richteg. D'Chaîne bitt dem/r Leidenschaftleche*r Kinosbesicher*in wat d'Häerz begiert. D'Lokaliteit befënnt sech direkt tëscht dem Konzerthaus an dem Stadttheater. Den Entrée kascht fir Student*innen 8,99€. De Kinosprogramm an Tickete fënnt een ënnert folgendem Link:

<https://www.cinemaxx.de/kinoprogramm/freiburg>

D. WICHTEG ADRESSEN A LINKS

Hei fënns du nach eng Kéier déi wichtegst Adressen a Links versammelt.

ALBERT- LUDWIGS-UNIVERSITÄT

Studierendensekretariat an International Admissions and Services:
studienberatung@service.uni-freiburg.de
Sedanstraße 6, 79098 Freiburg

MENSA

www.swfr.de

- Mensa Rempartstraße: Rempartstrasse 18, 79098 Freiburg
- Mensa Institutsviertel: Stefan-Meier-Strasse 28, 79104 Freiburg
- Mensa Flugplatz: Georges-Köhler-Allee 82, 79110 Freiburg

STROUM

Den Hauptstromubidder zu Freiburg ass d'Badenova, wou zu engem ugemooenen Präis Ökostrom ugebueden gëtt. www.badenova.de
Op check24.de oder änleche Websäite fënnt een awer ëmmer dee bëllegsten Ubidder.

MÜLL

Soulaang et net explizit am Loyerskontrakt geschriwwen ass, muss ee säin Haushalt bei der Abfallwirtschaft Freiburg umellen, wou een dann Abfallgebühren ze bezuelen kritt. www.abfallwirtschaft-freiburg.de

VËLO

Et gi vill Vëlosgeschäfte zu Freiburg, wéi zum Beispill:

- www.Fahrradladen-Freiburg.de
Konradstrasse 9, 79100
- www.budsbikes.de
Liebigstrasse 7, 79108

VAG

D'Stroossebunn ass nom Vëlo deem zweetséierste Wee, sech duerch Freiburg fortzeweegen. Als Student*in bezilt ee schonn een Deel bei sengen Immatrikulatiounskäschten un d'VAG, woumat een sech ee Semesterticket kafen kann, oder de 19-Uhr-Nachweis erausdrécken kann. Student*inne vun der Uni Freiburg a vun der PH kënnen mat dësem 19-Uhr-Nachweis owes ab 19h, sou wéi Sonndes an op de Feierdeeg den ëffentlechen Transport gratis benotzen. De 19-Uhr-Nachweis kritt ee gratis am Onlineshop vun der VAG. <https://www.vag-freiburg.de/>

SPORT

D'Uni bitt eng grouss Unzuel vu Sportarten un, bei deenen een sech souwuel während dem Semester wéi och während der virlesungsfräier Zäit fit hale kann. Fir Deel ze huelen, muss een sech online umellen. Et gëtt och ee Fitness wou ee fir wéineg Geld trainéieren dierf. <http://www.hochschulsport.uni-freiburg.de>

BADISCH FÜR ANFÄNGER




Du hues en déckt Fragezeichen am Gesiicht wann d'Freiburger*innen vu Gugumere oder Babbedeggl schwätzen? Sou ass et warscheinlech nach all de Student*inne gaangen, déi fir déi éischte Kéier mat dem – eiser Meenung no – schéinsten a séisstes Dialekt, dem Badeschen, konfrontéiert goufen. Mat eisem klengen Lexikon hëllef mir dir op d'Spréng, sou dass du dech och wéi e richteg Bobbele ënnerhale kanns. Opgepasst: Verwiesselt ni Badesch a Schwäbesch! D'Schwaben an d'Badner kënnen sech nämlech guer net leiden.

Hei fir d'éischt e puer Grondreegelen:

De ‚St‘ gëtt am Badesche grondsätzlech zu engem ‚Scht‘. Sou soen d'Badner*innen net ‚kannst‘ mee ‚kannscht‘. De P gëtt zu engem B, T zu engem D a K zu engem G. Dofir gëtt et eng linguistesch Erklärung. Déi erklären dir awer am beschte eis Germanistikstudent*innen. Speziell ass och, dass verschidde Wieder dem Lëtzebuergereschen änelen, ouni awer onbedéngt déi nämmelech Bedeitung ze hunn.

1. Bobbele = eng Persoun, déi zu Freiburg gebuer gouf
2. Allemanisch = Badesch
3. Blaschdichguck = eng Plastiktut
4. Bläre (v.) = kräischen, jätzen
5. Gsait (v.) = gesot
6. Ziddig / Ziddung = Zeitung
7. Weckle = e Bréitchen
8. Bolle = eng Boule Glace
9. Krummbeere = Gomperen
10. Dubel = en Idiot
11. Schwobeseggel = E Schwab (Beleidegung)
12. Dreiviertel Zwölf = Véierel vir 12 (dëst géllt och fir all aner Auerzäit)
13. Gosch = Mond
14. Gluggser = den Hick
15. Gescheit = eppes anstänneges
16. Schwätze (v.) = Schwätzen
17. Schaffe(n) (v.) = schaffen
18. Brägele = Bratkartoffel
19. Debbisch = Decken
20. Wunderfitzig = verwölzegt
21. Awa, mach koi Ferz! = Wicklech!? („Ech kann et net gleewen“)
22. Du kannsch mer mol de Bugg! nanner rudsche = Du kanns mer de Bockel erofrutschen
23. Numme net huddle! = Nëmme keen Schrëtt ze schnell goen (eisen Dolmetscher géif et mat „nëmme net hustlen“ iwwersetzen)
24. So isch's halt e mol! = sou ass et eben! (wuel de badeschesten Saaz an der Geschicht)
25. Hämma Recht oder hämma Recht?! = Selbsterklärend badesch Weisheet



The bridge to your freedom

SPUERKEESS.LU/axxess



Ta carte
Ton compte
Tes avantages

STUDY

Pour les étudiants de 18 à 30 ans



axxess



EDITEUR

Studente vu Lëtzebuerg op der
Uni Freiburg
2, rue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: sluf.lu
Email: comite.sluf@gmail.com

REDAKTER*INNEN

Edition 2020:

Leena Dams, Lis Geisen, Anne
Maringer, Estelle Scheuren,
Nora Schloesser

Edition 2021:

Nicolas Maitry, Sam Roger

Edition 2022:

Liz Brassel, Niels Jansen, Grégory
Kieffer, Fabienne Schandel, Tom
Theis, Jacques Theisen, Maurice
Thomé

Edition 2025:

Fabien Kohnen, Michel Keiffer

LAYOUT AN DESIGN

Edition 2020: Laure Geisen

Edition 2022: Catherine Theisen

Edition 2023: Catherine Theisen

Edition 2024: Michel Rigo

Edition 2025: Fabien Kohnen

FOTOEN

D'Fotoen stamen aus privatem
Gebrauch sou wéi aus der Lëns
vum Nora Schloesser fir de SLUF.

ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, während an no dengem Studium!



INFORMATIOUN

Mam **STUDENTEGUIDE** an der komplementärer Websäit hues du all Infoo fir de Start vun dengem Studium. **WWW.STUDENTEGUIDE.LU** hëlleft dir d'ä Wee an de Studium an dono d'Aarbechtswelt ze fannen. Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Studienstad encadréiert vu lokale Student:innen.



REGRUPPEMENT

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegem Kontakt mat de Ministèren an verrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



OCH DISPONIBEL OP



www.ancel.lu
contact@ancel.lu



/acelluxembourg

